De Louis

15 Joer

Chorale Cæcilia
Schieren

De Schierener Buet

No 26 • September 2008

De Schierener Buet

No 26 • September 2008

Titelfoto

75 Joer Chorale

Redaktioun an Zesummensetzung

Guy BERWICK, Mil GOERENS, Camille PLETSCHETTE

Entworf vum Deckel

Camille SCHAUL

Fir d'Fotoen soe mir villmols Merci dem:

Marcel Bertemes, Guy Berwick, Camille Schaul,
Josiane Gillen, Romain Kemp, Jos Lutgen, Maggy Meisch,
Jos Nerancic, Camille Pletschette, Myriam Pletschette,
Luc Schumacher, Garson Nico, Carlo Thill, Guy Wohl,
dem Léierpersonal an de Veräiner.

Drock

Imprimerie EXE, Troisvierges

Oplo

650

Präiss

Eenzelnummer 4 €, Abonnement 12 €

De Schäfferot iwwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.

e-mail: de.louis@gmx.net

An dëser Nummer

Réunions du Conseil communal. Séances du:
– 22.05.2008 1
– 13.06.2008 2
– 11.07.2008 3
– 29.07.2008 4

Nationalfeierdag,
Schieren, den 23. Juni 2008 7

Velospist 9

D'Ëmweltkommissioun am Asaz 10

Nordstad-Konferenz,
Strategiekonferenz vom 11. November 2007 11

29. Mee 2008
Uerg Donnerwiederen mat Iwwerschwemmung
an der Haaptstrooss 15

Das CIGR Nordstad asbl 16

Aweiung vum Chalet ënner Buchels 17

Coupe Scolaire 2007/08 den 13. Juni 2008 18

Erfolgreiche Saison für den TC Schieren 19

Grillfest am 15. August 2008 19

La Schirener Musek asbl,
gagnant du 1er prix au concours
« Réalisez une oeuvre sur les 40 ans Cactus » 20

Initiation à la musique 2008 22

Summerfest vun der Schierener Musek 22

Quartiersconcert an der Cité Emile Tibessart 24

Concert op der Plëss 24

Concert zu Waasserbëlleg 24

FC Jeunesse Schieren, Assemblée générale 25

Schierener Pompjeeën 27

Gaart an Heem Schieren 29

Neies aus der Par 32

Frënn vum 3. Alter Schieren 35

TURNVERAIN Schieren 37

BBC Black Frogs Schieren 41

75 Joer Chorale Caecilia Schieren 44

Jeunesse Schieren 55

4. Schouljoer 57

5. Schouljoer 58

6. Schouljoer (A) 59

Ausflug an d'Voelklingerhütte 61

Schulfest 2008 62

Schieren – Konveniat der Jahrgänge 1919 - 1927 66

Regional a lokal Aktivitéiten an der Mobilitéitswoch 67

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: **22.05.2008**

Présents:

M Jos LUTGEN, bourgmestre – M. Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins – MM. Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Patrick ZANIER, conseillers – Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Mat der Konventioun vum 24. Abrëll 2006 war de Grondsteen geluegt zu enger enker Kollaboratioun tëschen de 6 Nordstadgemengen Bettenduerf, Dikrech, Ierpeldeng, Ettelbréck, Schieren a Colmer-Bierg. All die Preparatiounsaarbechten, all di Informatiouns- an Aarbechts-Sitzungen déi an Tëschenzäit ofgehale goufen, hunn zur definitiver Versioun vum Masterplang gefouert. De Masterplang ass also d'Resultat vun engem äusserst demokratesche Prozess, an e stellt un a vir sech d'Strategie zur Realisatioun vun der zoukënfteger Nordstad duer. Et geet ëm e Städtebündnis - nit ëm eng Gemengefusioun, mee em eng ganz enk Zesummenaarbecht a Saache Stad-an Duerfentwécklung. Mat dem eestëmmege Jo huet de Konsell sech verflicht den neie Bebauungsplang an de Kader vun der Nordstad ze setzen, woubäi mir eis eegen Entwécklung weiderhi kënne selwer steieren. A Saache Wirtschaft ass eng regional Industriezon um Friedhaff geplangt, di nei Zentralax Dikrech-Ettelbréck am Zentrum vun der Nordstad soll d'Liewensqualitéit an där neier Communautéit verbesseren. De Masterplang, dee vun all de concernéierte Gemengen approuvéiert gëtt, dréit derzou bäi d'Territorialreform zu eise Gonschten an zu Gonschte vun der Regioun positiv ze beaflossen. Si huelen d'Erausfuerderung u sech fir d'Attraktivitéit vun der Géigend anzesetzen, souwuel um ekonomesche Plang, wéi op deem vun der baulecher Entwécklung. Weider Informatiounen iwwer d'Nordstad kënnen Interesséiert och um Site www.nordstad.lu kréien.

De Restantenetat aus dem Exercice 2008, dee vum Einnehmer opgestallt ass, schléisst mat engem Total vun 14.813,96 €, dovunner 1.565,71 € als Déchargen an 13.248,25 €; di anzedreiwe bleiwen.

Am Dezember 2006 hat de Gemengerot en Avant-projet gestëmmt fir de Bau vun enger Maison Relais. Deemools war den Devis mat 1.768.900 € festgehal. Duerch all di Gespréicher, déi mat dem zoukënftege Gestionnaire gefouert goufen ass awer festgehal ginn och eng eege Produktiounskichen z'installéieren. Den Devis schwëllt doduerch op 2.644.279,47 €. De Bau ass fir 100 Kanner geduecht. En ass als Niddrigenergie-gebai konzipéiert a bitt niewen der Schoulkantine spéider verschidde Betreiungsméiglichkeeten un, déi am Prinzip tëschen 7 a 19 Auer all Dag an och während de Vakanze garantéiert ginn.

La convention du 24 avril 2006 fût la base d'une étroite collaboration entre les 6 communes de la Nordstad : Bettendorf, Diekirch, Erpeldange, Ettelbruck, Schieren et Colmar-Berg. Les maintes réunions de concertation entre les responsables politiques ainsi que les divers forums publics nous ont finalement apporté la version définitive du « Masterplan ». Ce document, tout en étant le résultat d'un processus démocratique, fixe la stratégie de développement de la future communauté urbaine. Partant, il ne s'agit pas d'un premier pas vers une fusion de communes, mais d'une toute nouvelle formule d'étroite collaboration entre les six communes signataires. En approuvant unanimement le Masterplan, le conseil communal s'engage à mettre le développement urbain de la commune de Schieren dans l'optique du développement de la Nordstad sans pour autant perdre de vue ses propres moyens. Economiquement les six communes s'engagent à la réalisation d'une zone industrielle au Friedhaff et de finaliser l'axe central Diekirch - Ettelbruck dans un but d'amélioration de la qualité de vie à l'intérieur de la communauté. Par l'approbation du Masterplan, les communes signataires peuvent influencer le processus national des réformes territoriales en faveur de la région. Ainsi les communes signataires relèvent le défi de se battre pour l'attractivité de la région, tant sur le plan urbanistique que sur le plan économique. L'accès au site internet ***www.nordstad.lu*** *permet de consulter les activités et engagements.*

L'Etat des restants de l'exercice 2007, dressé par le receveur communal a été arrêté avec un total de 14.813,96 €, dont 1.565,71 € en décharges et 13.248,25 € en poursuites.

En décembre 2006, le conseil communal avait arrêté l'avant-projet relatif à la construction d'une maison relais à 1.768.900 €. Le futur gestionnaire de la structure a cependant été d'avis qu'il y serait préférable de rajouter une cuisine de production professionnelle, changement qui fait monter le devis final à un total de 2.644.279,47 €. La nouvelle structure, conçue en bâtiment à basse consommation d'énergie, pourra accueillir 100 enfants. Le concept socio-éducatif ne se limite pas à la seule cantine scolaire, mais offrira également divers programmes d'encadrement journaliers entre 7 et 19 heures, vacances scolaires incluses.

Sur vue des effectifs de classe le conseil décide de créer une troisième classe en éducation préscolaire pour l'année scolaire

Wéinst der relativ héier Zuel vu Kanner gëtt fir d'Schouljoer 2008/2009 eng drëtt Spillschoulsklass en d'Liewe geruff. Sou ka fir die klengst eng besser Qualitéit un Enseignement ugebuede ginn. D'Décisioun iwwert d'Opsplécke vum éischt Schouljoer ass wéinst enger Patt-situatioun bei der Ofstëmmung ob di nächst Sëtzung verluecht ginn.

De Gemengerot stellt 6.500 € bereet fir d'Entwécklung vun enger neier Internet Säit fir die Schierener Gemeng. Mëttlerweil ass dee Projet scho fortgeschratt. Dir kënnt iech gär ob der Adress www.schieren.lu iwwerzeegen. Eis Zerwisser probéieren di Säite lues a lues ze kompletéieren, sou dass de Bierger aus der Gemeng zousätzlech Facilitéiten zur Verfügung stinn.

De konsell stellt zousätzlech 18.620 € bereet fir di elektresch a mechanesch Steierungen am Waasserbaséng ob den neitste Stand ze brëngen. Di Anlage stamen aus dem Joer 1985 a sinn deemno net méi à jour.

Verschidde Vereenegunge kruten e Subsid zougestan:

2008/2009. Ceci permettra d'offrir une meilleure qualité d'éducation à tous les enfants. Par contre, la décision sur le dédoublement de la première année d'études a du être reportée suite à un partage de voix.

Un crédit de 6.500 € a été mis à disposition pour le développement d'un nouveau site internet pour la commune de Schieren. Entre-temps le développement a été entamé et nos services s'investiront à fond afin de compléter les pages. A l'adresse ***www.schieren.lu*** *la commune de Schieren essayera d'offrir certaines facilités administratives supplémentaires.*

Le conseil communal arrête un crédit supplémentaire de 18.620 euros afin de couvrir l'intégralité de la dépense relative aux travaux de réfection des unités électriques et mécaniques au réservoir « Pléiter » à Schieren.

Le conseil communal accorde les subsides suivants:

Indiaca Federatioun Letzebuerg	WM 2008 Nordstad	100,00 €
Friends of Pattons 26th Inf. division	Night Vigil	100,00 €
SOS Détresse	Subside annuel	50,00 €
Lycée technique Ettelbruck	Compétition bateaux Solar	100,00 €

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: **13.06.2008**

Présents:

M Jos LUTGEN, bourgmestre – M. Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins – MM. Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Carlos GONCALVES LEITE, conseillers – Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Absents excusés: MM Patrick BERWICK, Patrick ZANIER, conseillers

Nodeems an der leschter Sëtzung d'Décisioun iwwer d'Opsplécke vum éischte Schouljoer eng Patt-Situatioun erescht hat, war de Punkt nach mol zur Ofstëmmung komm. Nei Elementer am Dossier hunn derzou gefouert dass d'Klass net gedeelt gëtt an deemno engt eenzegt éischt Schouljoer 2008/2009 funktionéiert.

E Kand wat an enger Nopeschgemeng wunnt, kritt vum Gemengerot den Accord fir dat nächst Schouljoer an die Schierener Schoul ze kommen.

An der Rue Verte musse verschidde Verbesserungen um Stroum-Post an Antenne réseau gemaach ginn. Well dës Aarbechte riskéieren d'Waasserleitung schwéier ze beschiedege stellt de Konsell et Kredit vun 36.273,30 € bereet fir och dës Infrastrukturen ze erneieren.

Après le partage des voix dans la question du dédoublement de la première année d'études lors de la dernière séance, le conseil communal en a délibéré une nouvelle fois. Entre-temps le dossier a été éclairé par un certain nombre d'éléments nouveaux conduisant le conseil à ne pas diviser la classe. Partant, une seule première classe sera en place en 2008/09.

Le conseil communal accorde le droit de fréquenter l'école primaire de Schieren à un enfant résidant dans une commune limitrophe.

Un crédit de 36.273.30 € est mis à disposition pour la réfection de la conduite d'eau à la Rue Verte. En effet des travaux sur les équipements électriques risquent d'endommager les conduites d'eau.

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: **11.07.2008**

Présents:

M Jos LUTGEN, bourgmestre – M. Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins – MM. Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, conseillers – Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Absents excusés: MM Carlos GONCALVES LEITE, Patrick ZANIER, conseillers

A geheimer Ofstëmmung goufen d'Madame Rodrigues de Barros Paula als Spillschoulsjoffer an d'Madame Diane Richartz als Primärschoulléierin. fir d'Schouljoer 2008/2009 genannt.

De Konsell acceptéiert d'Démissioun vum Här Marc Schmitz als President vun der Schierener Schoulkommissioun.

Well an der Rue de la Gare en neie Prouwesall fir die Schierener Musek entsteet, gëtt d'Gebai an der Huelschéck deelweis senger Existenzberechtegung enthuewen. De Konsell beschléisst dës Propriétéit engem sozialen Zweck zouzewennen a soziale Wunnengsbau do unzebidden. Eng Offer vum Wunnengsbauministere war nit zefriddestellend sou dass an de nächste Méint dat geneet Konzept duerfir kann ausgeschafft ginn.

Op Ufro vum lokale Basket-Veräin huet de Konsell iwwer d'Méiglechkeete vun engem Muskulatiouns-Sall an der Sportshal beroden. Et mussen awer nach all d'Méiglechkeete sondéiert gi fir sou eng Struktur iert eng definitiv Entscheedung heizou fält.

D'Demande vun de Consorts Zeimes-Feinen-Hennes fir Bauterrainen an der Verlängerung vun der Rue Lehberg aus der Zone de Réserve an d'Zone d'Aménagement à faible densité ëmzeklasséiren ass eestëmmeg ugeholl ginn. Deemno ginn nach eng 73 Ar fir weider Wunnméiglechkeete fräi. Den Här Jos Zeimes huet sech fir dëse Punkt zréckgezunn.

E Pachtvertrag mam Här Jean Paul Clerf vun Ierpeldeng iwwer eng Wiss am Léihbierg, hanner dem Kierfent vun 24,50 Ar zum Präis vun 40,00 € pro Joer gouf ënnerschriwwen.

De Gewerbesteier - Taux bleift och fir 2009 bei 300%. Di eenzel Tauxe fir d'Grondsteieren am Exercice 2009 bleiwe bestoen:

Pour l'année scolaire 2008/2009 Madame Rodrigues Barros Paula est nommée institutrice d'éducation préscolaire, alors que Madame Diane Richartz occupera un poste en enseignement primaire.

Le conseil accepte la démission du sieur Marc Schmitz de ses fonctions de président de la commission scolaire.

Etant donné qu'après déménagement de la Fanfare de Schieren dans sa nouvelle salle de répétition, le bâtiment communal sis à Schieren rue de l'Abattoir perdra la majeure partie de sa raison d'être, le conseil communal a décide de s'y engager dans la promotion de l'habitation à coût modéré. Comme une offre de la part du Ministère de Logement a été jugée largement insatisfaisante, le collège échevinal préparera un concept précis dans les mois à venir.

A la demande du Basket-Club de Schieren, le conseil communal a délibéré sur l'aménagement d'une salle de musculation au sein du hall des Sports de Schieren. Avant de se prononcer définitivement, le conseil sondera les moyens structuraux et financiers.

A la demande des propriétaires Zeimes-Feinen-Hennes, le conseil communal décide de déclasser diverses parcelles sises à Schieren rue Lehberg de la zone de réserve en zone d'habitation à faible densité. Ainsi une surface supplémentaire d'environ 73 ares est rendue constructible. Le conseiller Jos Zeimes s'est retiré pour ce point à l'ordre du jour pour des raisons d'intérêt direct.

Le conseil communal approuve un contrat de bail avec le sieur JP Clerf de Erpeldange relatif ou louage d'une pâture à Schieren rue Lehberg d'une superficie de 24.50 ares au prix de 40,00 € par an.

Le taux sur l'impôt commercial pour l'année 2009 est maintenu à 300%. Les divers taux sur les propriétés foncières pour 2009 ont été fixés à:

A : exploitations agricoles et forestières	295 %
B1: constructions commerciales	400 %
B3: constructions à usage mixte/immeubles non-bâtis	295 %
B4: maisons uni familiales ou de rapport	145 %

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: **29.07.2008**

Présents:

M Jos LUTGEN, bourgmestre – M. Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins – MM. Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE conseillers – Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Absents excusés: M. Patrick ZANIER, conseiller

Fir d'Schouljoer 2008/209 ginn d'Dammen Albertine Neu-Weber, Marie-Paule Kohn-Weber, Patricia Kips-Gilson an Els Kohn-Peeten fir Spill- a Primärschoul als zousätzlecht Personal genannt fir den Oflaf vun den expressive Fächer, de Morale- an Appuistonnen an der assistance en classe ze garantéieren. D'Madame Kohn-Peeten steet och fir d'Hausaufgabenhëllef bereet.

Pour l'année scolaire 2008/09 les dames Albertine Neu-Weber, Marie-Paule Kohn-Weber, Patricia Kips-Gilson et Els Kohn-Peeten sont nommées en personnel surnuméraire pour garantir les branches expressives, les heures d'appui et d'assistance en classe ainsi que le cours d'éducation morale. L'aide aux devoirs à domicile est confiée à Madame Kohn-Peeten.

ÉDUCATION PRESCOLAIRE

HEURES DE CLASSE suivant horaire - type :

mardi & jeudi	08:00 - 11:45	
lundi , mercredi , vendredi	08:00 - 11:45	14:00 - 16:00

REPARTITION DES CLASSES ET DES ENFANTS

Siège de la classe	*Total*	*titulaires*	*tel*
SCHIEREN	12	1.DECKER-MARBACH Elvire 2. SCHMITZ-WALESCH Claudine	817053-28
SCHIEREN	13	MEIERS Nathalie	817053-27
SCHIEREN	12	RODRIGUES DE BARROS Paula	817053-24
Total :	37		

NEU-WEBER Albertine	Surnuméraire

ÉDUCATION PRECOCE

Sont admissibles aux groupes précoces : les enfants âgés de 3 ans révolus.
L'admission se fera au début de l'année scolaire. Les enfants qui auront leurs 3 ans entre le 15.09.2008 et 31.12.2008 peuvent être admis dès le deuxième trimestre.

REPARTITION DES CLASSES ET DES ENFANTS

Bâtiment scolaire	*Nombre* total *d'enfants*			*Noms et prénoms des titulaires et des intervenants*
Siège de la salle	*début 1er trimestre*	*début 2e trimestre*	*début 3e trimestre*	Tel 816862
SCHIEREN	13	13(+8)	13(+8)	1. DAHM-LUDOVICY Véronique 2. ZIMMER Carole
Total:	13	13(+8)	13(+8)	

NEU-WEBER Albertine	Surnuméraire

L'accueil est garanti par Melle ZIMMER Carole.

ÉDUCATION PRIMAIRE

REPARTITION DES CLASSES ET DES ENFANTS

Salle de classe	*1ère*	*2e*	*3e*	*4e*	*5e*	*6e*	*Total*	*Noms et prénoms des titulaires :*	*TEl*
D1	18						18	LEONE Giuseppina	817053-23
C1		11					11	WEBER Blanche	817053-22
C3		9					9	HOFFMANN Pascal	817053-20
B1			13				13	BREUER Jo	817053-29
B4			14				14	RICHARTZ Diane	817053-26
B2				16			16	STÜREN Myriam	817053-25
A3					14		14	DONDLINGER JEANNE	817053-30
A1						18	18	KEMPA Joseph	817053-30
Total :	18	20	27	16	14	18	113		

KOHN -WEBER Marie-Paule	Surnuméraire branches expressives / cours de morale
GILSON Patrica	Surnuméraire assistance en classe
KOHN-PETTEN Elisabeth	Surnuméraire branches expressives
STORN-WANTZ Viviane	Surnuméraire branches expressives
NEU-WEBER Albertine	Surnuméraire assistance en classe

HEURES DE CLASSE

LUNDI	MARDI	MERCREDI	JEUDI	VENDREDI
8.00-8.55	8.00-8.55	8.00-8.55	8.00-8.55	8.00-8.55
8.55-9.45	8.55-9.45	8.55-9.45	8.55-9.45	8.55-9.45
9.45-10.00 P	*9.45-10.00 P*	*9.45-10.00 P*	*9.45-10.00 P*	*9.45-10.00 P*
10.00-10.55	10.00-10.50	10.00-10.55	10.00-10.50	10.00-10.55
10.55-11.50	10.50-11.40	10.55-11.50	10.50-11.40	10.55-11.50
	11.40-12.30		11.40-12.30	
14.00-14.55		14.00-14.55		14.00-14.55
14.55-15.05 P		*14.55-15.05 P*		*14.55-15.05 P*
15.05-16.00		15.05-16.00		15.05-16.00

VACANCES ET CONGES

I. Vacances et congés :

vacances et congés	*date début (inclus)*	*date fin (inclus)*
congé de Toussaint	01 novembre 2008	09 novembre 2008
vacances de Noël	20 décembre 2008	04 janvier 2009
congé de Carnaval	21 février 2009	01 mars 2009
vacances de Pâques	04 avril 2009	19 avril 2009
congé de Pentecôte	23 mai 2009	02 juin 2009
vacances d'été	16 juillet 2009	14 septembre 2009

La veille des congés de la Toussaint, de Noël, de Carnaval, de Pâcques et de la Pentecôte les élèves sont congédiés à la fin des cours d'après-midi, donc le vendredi à 16.00 heures.

II. Jours de congé isolés :

jours de congé isolés	*date*
La Saint-Nicolas	6 décembre 2008
Le 1er mai	Vendredi 1er mai 2009
Le Pèlerinage à Notre-Dame	avril 2009
L'Ascension	21 mai 2009
La Fête Nationale	23 juin 2009 (mardi)

Aide aux devoirs à domicile

L'aide aux devoirs à domicile sera garantie par Madame KOHN-PEETEN Els, tous les mardis et jeudis après-midis. Une circulaire afférente vous parviendra dès le début de l'année scolaire.

Op Demande vum Propriétaire huet de Gemengerot den Terrain vun der Buchenallée, tëschent der Eisebunn an der Haaptstrooss provisoresch aus der Zone non aedificandi geholl, fir en an eng bebaubar Zone ze klasséieren. De Baambestand an der Allée ass effektiv an engem äusserst schlechten Zoustand, an et gesäit och nit derno aus, wéi wann nach Hoffnung op Rettung wier. Wann den Dossier 30 Deeg aushung, kann de Konsell sech mat der definitiver Approbatioun befaassen.

A la demande du propriétaire, le conseil communal a procédé au reclassement provisoire des fonds formant l'assiette de l'ancienne allée aux hêtres. La parcelle est située entre la ligne CFL et la route de Luxembourg. La décision a été prise sur constatation de l'état dégradé des arbres dont une restauration s'avère impossible. Le dossier est mis à l'inspection du public pendant le délai de trente jours. Le conseil communal se prononcera sur son approbation définitive après ce délai et en fonction d'éventuelles réclamations.



NATIONALFEIERDAG SCHIEREN, DEN 23. JUNI 2008

Léiw Matbierger

Esou wéi an der Vergaangenheet, esou och dëst Joer, feiere mir um 23. Juni eisen Nationalfeierdag.

Als Schierener Kommunalpolitiker waren di lëscht 12 Méint zimlech Stress esougutt op kommunalem wéi nationalem Plang woubäi ech um nationale Plang, d'Entstoen vun der Nordstad verstinn.

Vill Engagement huet dëse Projet eis ofverlaangt an och all Member vum Gemengerot ass schon implizéiert gewiecht, duerch Entscheedungen déi hien matgedroen huet.

De 24. Abrëll 2006 gouf des Konventioun zur Zesummenaarbecht vun de 6 Nordstadgemengen Bettenduerf, Dikrech, Ierpeldeng, Ettelbréck Schieren a Colmer ënnerschriwwen, an domadder war de Grondsteen geluegt zu enger intensiver Kollaboratioun.

All die Präparatiounsaarbechten, all die Informatiouns- a virun allem Aarbechts-Sitzungen déi mëttlerweil ofgehale goufen, hunn derzou bäigedroen, dass mer lo mam Masterplang, deen den 22. Mee gestëmmt gouf, een Dokument zur Dispositioun hunn, dat di 6 Gemengen zesumme féiert, ouni awer dass di eenzel Gemeng hir Autonomie-communale verléiert.

De Masterplang ass also d'Resultat vun engem äusserst demokratesche Prozess, a stellt d'Strategie zur Realisatioun vun der zoukënfteger Nordstad duer.

Et geet hei ëm e Städtebündnis, also nit ëm eng Gemengefusioun, mee ëm eng ganz no Zesummenaarbecht a Saachen Stadan Duerfentwécklung.

Mat dëser Decisioun hu mir eis verflicht, eisen neie Bebauungsplang an de Kader vun der Nordstad ze setzen, woubäi mir awer eis eegen Entwécklung weiderhi kënne selwer steieren.

Mir kënne z.B. jo soen zur Créatioun vun enger Gewerbezone um Friedhaff an zur Realisatioun vun engem neien Zentrum an der Zentralaxe.

Mat enger Communauté Urbain versprieche mir eis och öffentlech Gelder labber ze maachen fir d'Realisatioun vu verschiddene bedeitende Projetën an der Nordstad.

Dir gesidd, dass mir a gewësser Hisiicht um Rad vun der Zäit matdréinen, a mir kënne bäidroen, d'Territorialreform zu eise Gonschten an zu Gonschten vun der Regioun ze beaflossen.

En Défi léiw Matbierger, den et menger Meenung no derwäert war anzegoen,

- ➔ *wa mir nit wellen* dass d'Staatssubventiounen all a Richtung Süden an Zentrum ginn,
- ➔ *wa mir nit wellen,* dass eis Regioun ëmmer méi vernoléissegt gëtt,
- ➔ *wa mir nit wellen* zum Stoussneckel vun eiser Regierung degradéiert ginn.

An un der Devise festhalen „ zesumme si mir staark" kënnen di 6 Gemengen eppes beweegen, wat eleng net méiglech wier.

Lokal, léiw Matbierger, ass den Asaz momentan ganz hefteg. Eis Chantierën, Atelier a Crèche an d'Erstellen vum Plang fir d'Maison Relais verlaangt eng permanent Präsenz.

Mee wann d'Resultat vum Engagement sech weise léisst, dann ass dach eng gewësse Genuchtung ze verspieren.

Fir de Januar 2009 hoffe mer dass eis Crèche betribsfäeg ass, an och géife mir nach gäeren 2008 an den Atelier anzéien. Och eis Musek hätt domadder endlech hiren neie Proufsall zur Verfügung.

D'Maison Relais ass ebenfalls ee Projet mat deem mir hoffen Enn 2008 spéitstens Fréijoer 2009 unzefänken.

An der Rue de la Gare wou mer mam Bau vun der Leitung vum Ofwaasser Bleesbréck am gaange sinn, dierft och geschwë Liicht um Enn vum Tunnel ze erblécke sinn, an mat dësen Infrastrukturen dierft dann och dat lëscht Verbindungsstéck vun der Velospist zwëschend dem Norden an dem Zentrum erstallt sinn.

Léiw Schierener Matbierger,

dir Dammen an dir Hären,

Eisen Nationalfeierdag gläicht sech vun engem Joer zum aneren an en ass dach all Joer anescht, mee et soll virun allem en Dag sinn wou mer eis zesumme fanne fir ze feieren, an dat an eise Gemengen, an eisen Dierfer, eise Veräiner an eise Familljen.

D'Gemengen si fir de Bierger u sech déi éischt Institutioun mat däer hien a Kontakt trett. Grad dowéinst sinn d'Gemengen sou wichteg, grad dowéinst sinn d'Gemengen awer och d'Keimzell schlechthin vun der Demokratie.

Wann een mech freet wat Lëtzebuerg ass, dann soen ech him: Mir ! Mir si Lëtzebuerg, dat sinn all déi Menschen déi hei zu Lëtzebuerg liewen an d'Häerzlechkeet mat däer mer zesummenliewen.

Wann een doriwwer schwätzt wat et heescht Lëtzebuerger ze sinn, a wann een doriwwer schwätzt wat Lëtzebuerg ausmëscht, dann ass et virun allem de Geescht vun Toleranz an Offenheet, den eist Vollëk ëmmer nees bewisen huet.

➔ Toleranz an Offenheet vis-à-vis vun allen Auslänner déi dagdeeglech bei ons schaffe kommen oder hei wunnen.

Wéi keen aneren verkierpert ons groußherzoglech Koppel dëse weltoffene Geescht. Si symboliséieren e modernt Lëtzebuerg. Ee Lëtzebuerg an deem d'Leit houfreg ob hir Kultur sinn, ouni

d'Kultur vun aneren ofzelehnen. Ee Lëtzebuerg an deem Lëtzebuerger sinn, an Europäer sinn, déi Hand an Hand ginn. Dëst ass d'Zukunft vun onsem Land.

Op dem Wee no vir ass de Grand-Duc eis e Beispill. Seng Aktivitéiten sinn enorm wichteg fir d'Zukunft vum Land.

Eise Grand Duc ass de Grand Duc vun alle Lëtzebuerger.. ! Him, deem säi Gebuertsdag mir um Nationalfeierdag offiziell feieren, wëlle mer haut eng glécklech Hand wënschen, fir dass hien esouwéi bis lo Land a Leit zesummenhält.

Chèrs concitoyens étrangers

à tous nos concitoyens d'expression non luxembourgeoise, je veux dire l'amitié que nous ressentons pour eux et que je voudrais renouveler à l'occasion de notre fête nationale.

Iech alleguerten wënschen ech e schéinen Nationalfeierdag

Vive de Grand-Duc Henri
Vive Grande-Duchesse Maria Teresa
Vive eis groussherrzoglech Famill
Vive eist lëtzebuerger Land



VELOSPIST

An deene leschte Joeren sinn hei am Land immens Ustrengungen gemaach ginn fir d'Netz vun de Velosweeër auszebauen an et esou den Amateuren vum Velo ze erlaben laang Strecken ze fueren ouni sech mussen duerfir de Geforen vun der normaler Strooss auszesetzen. Ee vun de leschte schwaache Punkten an dësem Netz ass d'Verbindung vu Schieren op Colmer un déi 2 Pisten Richtung Miersch an Richtung Useldéng. Zu Colmer ass d'Velosbréck iwwer d'Atert schons installéiert an ageweit, mee sou laang wi d'Verbindung mat Schieren net fäerdeggestallt ass kann och des Bréck hiren Zweck net erfëllen.

Di lescht Zäit konnt een och dacks Cyclotouriste gesinn déi vun Ettelbréck erfort wollten virun duerch de Géier op Colmer fueren an dunn rëm enttäuscht hu missen emdréinen. Fir op d'mannst di Schierener Leit besser z'informéieren, hu mir e puer Froen un de Buergermeeschter Jos LUTGEN gestallt fir vun him gewuer ze ginn wou dëse Projet de Moment drunn ass a wéi a wéini di nächst Etappe geplangt sinn.

1. Wéi laang ass di Streck di nach muss amenagéiert ginn ?

   ± 1000 m

2. Ass een definitiven Plang opgestallt a vun deene zoustännegen Instanzen approuvéiert?

   Fir mech jo. Responsabel fir de ganzen Tracé ass de Ponts et Chaussées an de Siden vun der Bleesbréck. D'Commande fir ze bauen huet d'Entreprise Schilling.

3. Sinn d'Accorden mat den diverse Proprietären ausgehandelt an ënnerschriwwen?

   Elo jo. Dat war awer alles nit esou einfach an d'Verhandlungen waren schwiereg. D'Famill Kap hat Angscht ëm hir Pärd an em d'Sëcherheet vun de Velosfuerer a Foussgänger wann si mat dem Auto an Unhänger bei hire Stall fuere mussen. Duerfir gëtt eng Parallelstrooss zum Veloswee gebaut an eng Heck laanscht de Pärdsstall ugeplanzt. Als Ausgläich fir dësen Terrain vum Zoufaartswee huet de Ponts et Chaussées eng Parzell Land opkaft an esou den Ausgläich fir all di aner Propritären hirgestallt.

4. Dat komplizéiert Stéck ass jo den Engpass zwëschen der Uelzecht an der Eisebunn: wat genau muss do gemaach ginn fir iwwerhaapt d'Méiglechkeet fir e Wee kënnen ze schafen?

   D'Uelzecht muss verluecht ginn an dat ass dat wat am Moment geschitt. Da gëtt eng Baustrooss gebaut, dann de Kanal an den Veloswee derlaanscht. Eng Stützmauer fir alles ze befestigen, an dann d'Uelzecht nees zréckgebaut. Dat alles muss bis den November fäerdeg sinn. Duerno ass keng Geneemegung méi do.

5. Huet d'Drockleitung vun der neier Luxlait bis op d'Bleesbréck de Projet zréckgehäit?

   Genau weess ech dat nit. Ech géif mengen de Contraire. Duerch de Bau vun der Luxlait koum weesentlech méi Drock dohannert well wéi mir jo all wëssen soll dëst Stéck schon säit 5 Joer gebaut ginn. Esou wäit wei ech am Bild sinn, muss zu Ettelbréck an zu Angelduerf och nach vill geschafft ginn.

6. Wat gëtt de Keschtepunkt vun deem ganze Projet

   Kann ech nit soën, den Ponts et Chaussées baut d'Velospist, de Siden baut Drockleitung, an iwwert Geld gouf nit geschwaat. Also loosse mir si bauen a passen op dass keng Dommheeten geschéien a bei de Finanzen halen mir eis eraus.

7. Ween bedeelegt sech a wat fir enger Proportioun um Finanzement?

   Den SIDEN baut eng Drockleitung an den Ponts et Chaussées d'Velospist.

Den Engpass zwëschen Uelzecht an der Eisebunn vu Schieren an vu Colmer aus gesinn: dat ganzt sinn ongeféier 100 Meter.

8. Sinn dës Käschten och an den approuvéierten Budgeten oder mussen do nach Posten gestëmmt ginn?

   Weess ech nit, dat ass alles Ponts et Chaussées. Wan de Schilling jo d'Commande huet, wäerten sie jo och alt Geld hunn fir ze bezuelen.

9. Sinn och nach Infrastrukturaarbechten op der Säit vu Colmar-Ponts ze maachen?

   Jo sëcher, do sinn se am Moment amgaangen de Kanal ze leeën.

10. Lescht an interessanteste Fro : wéini kann deen éischte Velo iwwer dës Pist fueren?

    Dat muss ech da mam Schilling an der nächster Réunioun kucken. Ech géif mengen d'nächst Fréijoer wann de Velo nees aus dem Schapp geholl gëtt.

Merci Haer Buergermeeschter fir dës ausféierlech Erklärungen.

No der Uelzecht geet d'Pist ënnert der Eisebunnsbréck erduerch fir dono un d'Velosbréck Richtung Useldéng oder Miersch unzeschléissen.

D'ËMWELTKOMMISSIOUN AM ASAZ

De Samschdeg 30ten August hat sech d'Ëmweltkommissioun erausgesicht fir erëm 2 Bëschweeër opzemaachen dei zogewues waren.

Um halwer 9 hunn sou den Georges an de Camille de Verbindungswee, hannert der Colmer Gare, um Autopedestre, an dee verhënnert dass ee muss bis ganz erofgoen fir dann nees den Bierg eropzekraxelen, propper gemaach.

Waehrenddeem hunn den Edy, Rob, Fraenk an Guy sech un de Wee laanscht d'Schwaarzbaach gemaach.

De Rob an den Edy si mat de Méihmaschinen gerannt an de Fraenk an de Guy hunn d'Aescht gekoeppt. Géint halwer 11, nodeem dass mer eis e bëschen gestierkt haten, sinn dunn de Camille an de Georges eis nach hëllefe komm an géint halwer 12 waren dei 2 Weeër erëm tip-top propper.

Mir hoffen dass vill Spadséiergänger,Nordicwalker oder Mountainbiker an de nexte Méint vun eiser Aktioun profitéieren.

NORDSTAD- KONFERENZ
STRATEGIEKONFERENZ VOM 11. NOVEMBER 2007

Über die folgenden Punkte wurden während dieser Konferenz diskutiert:

Nr.	Übersicht Leitprojekte
1	Wohnungsbaucluster und Siedlungskerne
2	Interkommunales Gewerbegebiet Fridhaff
3	Nordstad-Marketing
4	Jugendarbeit Nordstad
5	Schulentwicklung
6	Gesamtkonzept Neue Mobilität in der Nordstad
7	Freiraumentwicklung - Naherholung und Tourismus
8	Zentrale Achse Nordstad
9	Etablierung Syndikat / Entwicklungsgesellschaft

Nachdem in der letzten Ausgabe die Punkte 1, 3 und 4 berichtet wurde, werden in dieser Ausgabe die Punkte 6, 7, 8 und 9 im Detail beleuchtet.

6 – Gesamtkonzept Neue Mobilität in der Nordstad

IST ZUSTAND

ÖT (Öffentlicher Transport)

- Modal Split des ÖT für städtischen Raum zu gering
- Mangel an Park & Ride (Ettelbrück)
- Bummelbus Angebot in Diekirch, Erpeldingen und Bettendorf (Ruftaxi ähnlich) von Kindern und Älteren gut genutzt
- Citybus Bus Ettelbruck hat sich bewährt 20-30 Minutentakt (Topografie Ettelbruck)
- Late Night Bus Angebot gut ausgelastet (ca 80% besetzt)
- Taxis wenig benutzt da zu teuer
- Nordstad ist Kontenpunkt vieler (27) Busverbindungen
- Zugverbindung Diekirch-Ettelbruck nur 2 Haltestellen nur zu Spitzenzeiten besetzt (attraktives Park&Ride in Diekirch)
- Busse durch weniger Umsteigen attraktiver als Zug für Erpeldingen, Bettendorf

- Image ÖT, Bahnhofsumfeld, Konfort Busse (Niederflur), Sicherheitsgefühl
- Oft Stauzeiten für Busse da keine eigene Spur

Langsamverkehr

- Attraktive touristische Routen gutes nationales Fahrradnetz (sichere Inseln?)
- Anteil vom Fahrrad sehr gering
- fehlende Konzepte innerorts mangelnde lokale Vernetzung (Provelo Studie in Diekirch)
- Wenig Stellanlagen für Fahrräder
- Manchmal schlechte Anlagen für Fussgänger und Radfahrer (u.a. während Bauarbeiten, kein Reflex für die Optik des Langsamverkehrs)
- Kurze und sehr kurze Bewegungen mit dem Auto (Gewohnheit)
- Gut besuchte Fussgängerzonen (attraktive Inseln?)
- Fussverkehr auf den Bürgersteigen zu gering
- Politischer Wille für Tempo 30 Zonen
- Trennwirkung der großen Straßen zwischen verschiedenen Quartieren
- (Bsp. Diekirch Westen/Zentrum oder Schul- und Sportinfrastrukturen, Achse Ingeldorf / Industriezone)

MIV

- Bestehende Nordumgehung an Colmar, Schieren, Ettelbruck, Erpeldingen vorbei
- Diskussion über Umgehungen
  - aus Richtung Wiltz an Feulen und Ettelbruck-West vorbei
  - Fridhaff Seltz (Vianden/Bettendorf) an Diekirch Nord vorbei
- Recht grosser Parkplatzbedarf in den Zentren Diekirch und Ettelbruck
- Uneinheitliches Management Ettelbruck hat Parking residentiel / Diekirch will es einführen
- Rundverkehr in Diekirch sowie Ortsdurchfahrt Ettelbruck stark belastet zu Spitzenzeiten oft Stau
- Geschwindigkeit auf Hauptachsen innerorts mit 50km/h zu hoch (Rundverkehr Diekirch, Ortseinfahrten Ettelbruck/ Diekirch)
- Konflikt schulischer Fussverkehr und Bus- und PKW Spitzenverkehr
- Starke Beeinträchtigung der Lebensqualität durch rollenden und ruhenden Verkehr
- Gutes statistisches Material (Zählungen)

ZUKUNFT

ÖT

- Anforderungskatalog welche Ziele der ÖT erfüllen muss (Kapazität, Zeiten, Konfort, Schultransport) erstellen und Vorteile/Nachteile für verschiedene Lösungsvarianten (Busmodelle, Tram, Train-Tram) bewerten
  (Bem: TEAM 5: 1. Phase Bussystem, 2. Phase evtl. Tram die laut Skizzen an Bahntrasse einfädelt)
- Leistungsfähiges eigenständiges Bussystem auf der Achse (Fuhrpark, Spuren, Haltestellen)
- Problem Busführung durch Ettelbruck und Diekirch hindurch lösen um die Effizienz der Bustrassen auf der Achse zu gewährleisten
- ÖT gegenüber MIV schneller machen
- Sinnvolles Park & Ride
- Sicherstellen dass es möglich ist ganz ohne Auto (ohne P&R) den ÖT zu nutzen
- Autofreies Wohnen an geeigneten Standorten fördern
- Positive Projekte mit Signalwirkung, Gewohnheiten ändern
- Konzept muss das Wachstum der Nordstad begleiten

Langsamverkehr

- Tempo 30 in Wohngebieten um Sicherheit vom Fahrrad
- Durchgängiges innerörtliches Fahrradnetz
- Öffnung von Einbahnstrassen für Fahrräder
- Stellplätze für Fahrräder bei öffentlichen und privaten Infrastrukturen in Baugenehmigung verankern
- Sichere Verbindungen über Trennstrassen hinweg
- Positive Projekte mit Signalwirkung (Politiker fahren Rad ...)

MIV

- Einheitliches kostendeckendes Parkraummanagment
- Umgehungsverbindungen mit dem Ziel die Talverbindung ÖT und Wohngerecht zu nutzen
  - Objektive Kosten/Nutzen Einschätzung
  - Simulation der Verkehrsflüsse
- Vermeidung von Parkplatzsuchverkehr
- Transitverkehr aus den Ortskernen fernhalten
- Sicherheit der Umgehungsstrasse verbessern
- Geschwindigkeit strenger kontrollieren (Bsp. N7)

(Mitgearbeitet: Frank Thillen, Elisabeth Hoffmann, André Bauler, Jean-Paul Schmit, Maurice Losch)

7 – Freiraumentwicklung – Naherholung und Tourismus

So wie Adrien Ries 1973 Nordstadgeschichte schrieb, war es Alexis Heck der Ende des 19. Jahrhunderts Tourismusgeschichte schrieb indem er den Internationalen Tourismus in Luxemburg aus der Wiege hob.

Er war Gründer des in ganz Europa bekannten „Hôtel des Ardennes“ in Diekirch.

Er verwöhnte die Gäste im Hôtel mit sehr gehobener Gastronomie und bot ein vielseitiges Aufenthaltsprogramm an, wie Wandern, Radfahren, Kanu, Angeln, Jagd, Reiten, Kulturelle Darbietungen usw.

Die Hôtelfachschule in Diekirch trägt seinen Namen, sowie das Stadtviertel wo früher sein Hôtel am Ufer der Sauer errichtet war.

Um die Zukunft des Tourismus in der Nordstad zu definieren, ist es wichtig den Ist-Zustand der Infrastrukturen, sowie der Angebote zu kennen.

Stärken:

- gutes Angebot an Campingplätzen
- Restaurants und Imbissstuben in fast allen Kategorien
- 2 Schwimmbäder
- 2 Fussgängerzonen
- vernetzte Fahrradwege
- ausgewiesene Mountain-Bike Pisten
- lokale, regionale, nationale und internationale Wanderwege
- Fittnessparcours
- Museen, Militärgeschichte, Patton, Automobil, Braukunst, Römermosaik usw
- Kulturzentrum CAPE
- Angeln Fluss, Teich
- Tennishalle SIT
- Naturlehrpfad
- grosse Events: Armeewanderung, Landwirtschaftstage, Gartenfestival ua

Schwächen:

- ungenügendes Hôtelangebot: nur 145 Zimmer
- kein Familienhôtel, kein Kinderhôtel, kein Wellnesshôtel
- keine Jugendherberge
- kein Restaurant der Spitzenklasse
- ungenügendes Angebot an Regionalen Produkten
- zu wenig Wassersportarten: Kanu, Kayak, Baden im Fluss, Liegewiese am Fluss
- kein Angebot mit Pferden, Reiten, Ponyreiten für Kinder
- kein regionaler Kinderspielplatz: IndorjOutdor

Naherholung und Tourismus in Zukunft:

- Regionalbüro an der zentralen Achse für Information, Werbung und Betreuung
- Koordiniertes Stadtmarketing für Handel, Tourismus, Kultur, Sport, Events usw.
- Kongresstourismus fördern und Events betreuen
- Internationale Werbung im Rahmen der Ardennen-Tourismus Gemeinschaften ESIMSO, ORT Ardennes
- Touristische Angebote & Packages über Internet: Nordstad.lu sowie Last-Minute Angebote
- Hanglagen nutzen durch Anlegen einer Sommerrodelbahn die sich harmonisch in das Landschaftsbild einfügt
- Nordstad Indentität: Logo, bekannte Gebäude, Aussichtspunkte, markante Landschaften, führende Produkte aus Handel und Handwerk
- Fördern des Tagestourismus, Einkaufen, Kultur, Geschichte
- Gästeführungen, Gruppenbetreuungen
- Förderung des Feierabendtourismus, Musikkneipen, Disco, Bowling, Kinozentrum usw.
- den Einwohnern und Touristen die Natur der Nordstad erläutern durch Anlegen von Lehrpfaden: Gesteinsformationen, Flora & Fauna der Sauer, Wark, Alzette
- das Projet Nordstadthermen an der zentralen Achse in der sogenannten Porte de Diekirch soll eingehend untersucht werden, sowie die Idee weiterentwickeln dieses Gebiet als das Touritische Kerngebiet der Nordstad zu sehen.
- Barrièrefreien Tourismus fördern durch Anpassen der Infrastrukturen.
- für den Aktivtourismus zu fördern, die neue Form von Unterkünften planen, die sogenannten Wanderhütten

Diese Liste ist ohne Zweifel erweiterbar, aber sehr wichtig ist alle Angebote der Nordstad zu bündeln und sie dann als ganzes zu veröffentlichen.

Francis Dahm

8 – Zentrale Achse Nordstad

Eine erste und wesentliche Herausforderung an die Gestalter der zukünftigen Zentralen Achse besteht darin, die beiden historisch gewachsenen Zentren von Diekirch und Ettelbrück einander näher zu bringen und mit Einbeziehung der Ortschaften Erpeldingen und Ingeldorf sowie der Gemeinden Colmar-Berg, Schieren und Bettendorf mittel- und langfristig zu einem Stadt-und Siedlungskörper zusammen zu schweißen.

Die Ausführungen zum Konzept der Planungen des Teams 5 veranschaulichen alle Vorteile welche die Realisierung der Zentralen Achse Nordstadt beinhaltet (Arbeitsplatzbeschaffung, zusätzliche Wohngebiete, Büroflächen, Handel und Handwerk, Freizeitgestaltung).

Die Zentrale Achse zwischen Diekirch und Ettelbrück soll mittel- und langfristig phasenweise umgestaltet werden, damit Opportunitäten in punkto Arbeitsplätze, Wohngebiete, Dienstleistungsbetriebe, Freizeitgestaltung usw. entstehen können.

Vorrangig soll ein Mobilitätskonzept ausgearbeitet werden welches sich mit den Optionen Motorisierter Individualverkehr (MIV), dem Öffentli-chen Transport (ÖV) und dem nicht motorisierten Verkehr (NMV) auseinandersetzt.

Der Anteil des ÖV gegenüber dem MIV auf der N7 Ettelbrück-Diekirch soll deutlich über der 25 Prozentmarke liegen wenn auf Landesebene das angestrebte Modal-Solit bei 25/75 liegen soll.

Was den ÖV anbelangt ist festzustellen, dass das ausgearbeitete Verkehrskonzept der 5 Planungsbüros welche an der „Consultation némunérée“ teilgenommen haben, sich klar für einen „Boulevard Urbain“ ausgesprochen haben wobei die aktuelle eingleisige Eisenbahnstrecke zwischen Ettelbrück und Diekirch durch einen ÖV-Korridor in 2 Richtungen ersetzt wird.

In einer ersten Phase soll dieser Korridor als Busspuren benutzt werden welche gegebenenfalls zu einem späteren Zeitpunkt Tramgerecht nachgerüstet werden können.

Die Einstellung der Zugverbindung auf der Achse Ettelbrück-Diekirch gibt zur Zeit Anlass zu heftigen Diskussionen wobei die 2 Eisenbahnerge-werkschaften und andere Organisationen welche eine Aufwertung des ÖV und im besonderen der Bahn befürworten wortführend sind.

Es scheint zu diesem Zeitpunkt unumgänglich, dass in nächster Zukunft eine definitive Option zur Beibehaltung der bestehenden Streckenfüh-rung oder zum Abbau der Eisenbahnstrecke getroffen werden muss.

Für jede weitere konkrete Planung auf der Zentralen Achse Nordstadt scheint dies von größter Bedeutung.

Desweiteren muss unbedingt klargestellt werden, ob ja oder nein, eine Unterführung der Eisenbahntrasse am Ettelbrücker Bahnhof (Option Team 5) technisch realisierbar ist oder nicht.

Wenn dies nicht der Fall sein sollte, ist das Konzept vom zurückbehaltenen Team 5 nicht durchführbar (verkehrsberuhigtes Bahnhofareal) und der Teilbereich Ettelbrücker Bahnhof bis „Tor der Norstadt“ ist in Frage zu stellen und die betreffende Planung neu zu gestalten.

Größere kommerzielle Infrastrukturen welche entlang der Zentralen Achse entstehen werden, sollen unbedingt in enger Zusammenarbeit zwischen den 6 betroffenen Gemeinden verwaltet werden so wie dies auch der Fall sein soll für die Aktivitätszône Friedhaff.

Es bleibt zu hinterfragen welchen Einfluß die Schaffung der Achse vom Bahnhof Ettelbrück bis zum Bahnhof Diekirch gegebenenfalls auf die beiden Geschäftszentren der betroffenen Städte haben kann.

Es wäre sicherlich kontraproduktiv wenn durch das Schaffen einer Vielzahl von modernen Geschäftslokalen verschiedenster Art (Gastronomie, Bekleidung, Freizeitgestaltung usw.) die Geschäftszentren in Ettelbrück und Diekirch eine negative Entwicklung erleben würden.

Hier gilt es vorrangig einen gesunden Ausgleich zu finden und zu gewährleisten, dass die zukünftige Nordstadt die Möglichkeit bekommt sich in allen Bereichen harmonisch zu entwickeln und dies vor allem nicht zum Nachteil der bestehenden Zentren.

9 – Etablierung Syndikat / Entwicklungsgesellschaft

Seit der Unterzeichnung der „Nordstad-Konvention“ im Jahre 2006, tagte das „comité politique“ in regelmässigen Abständen. Es ist dies jedoch ein Gremium ohne tatsächliche Entscheidungsgewalt: die definitive Entscheidungshoheit besitzen letztendlich die jeweiligen Gemeinderäte.

Für einige dringende Themenbereiche, es gibt deren nämlich eine ganze Reihe, ziehen wir den Vergleich zwischen Ausgangslage und Zielsetzung:

Ausgangslage	Zielsetzung
Legale Basis	
Sechs Gemeinderäte	Eigenständige Entscheidungsstruktur
Comité Politique Generelles Aufgabengebiet	„communauté urbaine“ „Klar definiertes“ Aufgabengebiet
Wirtschaftliche Entwicklung	
Keine gemeinsame Aktivitätszone	Entwicklung gemeinsamer Aktivitätszonen
Keine gemeinsame Flächen	Gemeinsame Flächen Friedhaff Gemeinsame Flächen Zentrale Achse Gemeinsame Grossprojekte Zentrale Achse / sogen. Lokomotiven
Getrennte Planung, Realisierung und Organisation	Gemeinsame Planung, Realisierung und Organisation
Keine gemeinsame Struktur	Kurzfristig Syndikat – langfristig Teil der Entwicklungsgesellschaft
Stadtentwicklung und Gemeindeplanung	
Rolle zumeist reaktiv	Aktive Rolle
Keine Koordination der 6 Gemeinden	Koordinierte Planung im Kontext der Norstad
Einzelne unbesetzte technische Dienste	Gemeinsames Planungsbüro Nordstad Leistungsfähige und spezifische Dienste (Kanal, Sport,..)
Wohnungsbau	
Reaktive Entscheidungen bei privaten Wohnungsbauprojekten	Aktive und koordinierte Vorgehensweise bei mittleren bis grösseren Wohnungsbauprojekten
Gewünschte Mixität schwer steuerbar	Mischung von Wohnungsformen (soziale Mixität)
Interkommunale Infrastrukturen	
Fast keine gemeinsame Infrastrukturen (ausser CAPe / Tennishalle)	Integration bestehender Infrastrukturen Planung und Realisierung von neuen Infrastrukturen

In Anbetracht der Problematik und Komplexität benötigt die Norstad also dringend eine den Bedürfnissen angepasste „Entscheidungs-Plattform“.

Die Lösung könnte in der Schaffung einer „communauté urbaine“ liegen, welche es jedoch erlauben müsste, „die Umsetzung der Planungen des Mittelzentrums“ durch eine sogenannte „Entwicklungsgesellschaft“ zu steuern. Dies würde den 6 Nordstad-Gemeinden erlauben, ihre passive Rolle aufzugeben um in Zukunft die Entwicklung aktiv zu steuern.

Marc Schmitz, Francis Dahm

29. MEE 2008 UERG DONNERWIEDEREN MAT IWWERSCHWEMMUNG AN DER HAAPTSTROOSS.

Donneschdes de 29. Mee gouf Schieren an d'Emgéigent vun schréckleche Wiederen iwwerrascht.

Dat éischt huet moies géint 6 Auer ausgeschot an et sollt nit laang daueren kuerz virun 8 Auer dat Zweet wat nit manner hefteg war. Et war sou déischter et huet ee missten am Haus d'Lut ufänken, et war wéi wann d'Welt géng ënner goen. Nit manner wéi 75 Liter Reen pro m2 waren an der kuerzer Zäit gefall an d'Konsequenzen sollte nit ausbleiwen.

Duerch d'Infrastrukturen déi an der Cité Wieschen nach nit ganz faerdeg waren si grouss Masse vu Gesténgs a Schlamm de Kéiwee, de Neie Wee, an di nei Zoufahrtsstrooss an d'Cité Wieschen, bis an d'Haaptstrooss rofgeschwemmt ginn. Di géigeniwwer leiend Häiser si nit verschount bliwwen.

Am schlëmmste war et allerdéngs hannert dem Haus Goerens wou d'Waasser aus dem nach nit faerdegen Reeniwwerlafbasséng an de Schapp gelaf ass wo et sech bis 1 Meter héich hannert der Holzpaart gestaut huet, bis dës aus den Angele gerass gouf. Dobäi ass ee Paartefligel op der aner Säit vun der Strooss widder engem Auto un d'hale komm, d'Waasser an de Bulli sinn an d'Strooss geschoss a si vun do aus an d'Nopeschhäiser gelaf.

D'Firma Sopinor, déi Stroosseninfrastrukturen an de Wieschen realiséieren, huet mat Baggeren d'Gesténks an de Bulli souwäit et méiglech war opgelueden, d'Pompjeeë waren mat alle Leit déi zur Verfügung stongen op der Plaz an nach e selleche Fréiwëlleger hunn Hand mat ugeluegt fir éischtens dene bestraffene Familljen hir Häiser hëllefen ze botzen an duerno goufen d'Strooss an d'Afahrten mat der Lanz gebotzt.

Mee och Häiser déi näischt mat der Cité Wieschen ze dinn hunn krute Waasser duerch de Réckstau am Kanal an d'Kelleren, sou an der Gewan, dem Neie Wee, der Haaptstrooss an an der Baach a sécher och nach op anere Plazen.

DAS CIGR NORDSTAD ASBL

Das *Centre d'Initiative et de Gestion Régional Nordstad asbl* (CIGR- Regionales Inivitativ- und Verwaltungszentrum) ist ein nicht gewinnbringender Verein, der zum Netzwerk Objectif Plein Emploi (OPE) gehört. Alle Vereine des Netzwerks (CIG) setzen sich lokal für eine Verbesserung der Lebensqualität der Mitbürger ein: neue Arbeitsplätze schaffen und den sozialen Zusammenhalt fördern sind dabei prioritär, um die lokale und nachhaltige Entwicklung zu gewährleisten. Allen Vereinen von OPE ist gemein, dass die von ihnen angebotenen Dienste auf einer Bedarfsanalyse und einer optimalen Ausschöpfung der lokalen Ressourcen und Kompetenzen basieren.

Aufgrund dieser Arbeitsweise, eines bedarfgerechten Einsatzes der öffentlichen Mittel sowie einer Kombination von nationaler und kommunaler Solidarität konnten bis dato 750 Arbeitsplätze durch das Netzwerk geschaffen werden.

Das CIGR Nordstad asbl ist in den Gemeinden Colmar-Berg, Diekirch, Erpeldange und Schieren aktiv.

Le Centre d'Initiative et de Gestion Régional (CIGR) Nordstad est une association sans but lucratif faisant partie du réseau Objectif Plein Emploi. Destinées à améliorer le cadre de vie des citoyens, rétablir le lien social et créer de nouveaux emplois, les entités du réseau OPE sont un outil de développement local et durable. Les CIG ont en commun la fourniture de services d'intérêt général en analysant au plus près les besoins de la population et en utilisant au mieux les ressources et compétences locales.

Grâce à ce type de projets, en utilisant au mieux les fonds publics et en combinant solidarité communale et nationale, ce sont plus de 750 emplois qui ont été créés dans l'ensemble du réseau OPE.

Le CIGR Nordstad est actif à travers divers projets dans les communes de Colmar-Berg, Diekirch, Erpeldange et Schieren.

PRESSEMITTEILUNG

Am 9. Juli 2008 findet ab 15:30 die offizielle Einweihung des Unterstandes in Schieren, Lehbergstrasse, statt. In Anwesenheit von Herrn Claude Thill, Vorsitzender der CIGR Nordstad, Herrn John Castegnaro, Vorsitzender von Objectif Plein Emploi und Herrn Jos Lutgen, Bürgermeister der Gemeinde Schieren, wird dieser vom CIGR Nordstad gebaute Unterstand vorgestellt. Musik und Tanz von den Kindern des Précoce und Préscolaire aus Schieren.

Unterstand in Schieren, Lehbergstrasse

Als im Jahre 2007 die Gemeinde Schieren dem CIGR Nordstad beitrat, war das erste große vorgesehene Projekt die Konstruktion eines Unterstandes im Wald. Die Kinder des *Précoce* und *Préscolaire* machen jede Woche einen Waldbesuch in der Lehbergstrasse. Um eine Pause zu machen oder sich bei schlechtem Wetter unterzustellen gab es bis dato keinen geeigneten Ort.

Abri à Schieren, rue Lehberg

Lorsque la commune de Schieren a rejoint le CIGR Nordstad asbl en 2007, le premier grand projet prévu était la construction d'un abri dans la forêt. En effet, les enfants du Précoce *et* Préscolaire *passent une fois par semaine dans la forêt, rue Lehberg. Pour faire une pause, il n'y avait pas d'endroit pour s'abriter en cas d'intempéries.*

Nach mehreren Sitzungen mit den Lehrern, dem Schöffenrat, dem technischen Dienst und Objectif Plein Emploi wurde dann ein Projekt, das den Bedürfnissen der Bevölkerung entspricht, eingeleitet. Der technische Dienst von Objectif Plein Emploi hat daraufhin ein Konzept ausgearbeitet und die Pläne den Gemeindeverantwortlichen vorgestellt. Letztere gaben im Mai 2007 grünes Licht für die Ausarbeitung. Vom 30. August bis zum 12. Dezember 2007 war das Team mit dem Bau des Unterstandes beschäftigt.

Am 21. Januar 2008 trafen sich die Verantwortlichen des CIGR Nordstad mit dem Schöffenrat, der einige zusätzliche Arbeiten vorgeschlagen hat: die Renovierung der Mauer, die Konstruktion einer Grillstelle und die Möglichkeit für die Kinder, sich auf Holz zu setzen. Diese Arbeiten sind im Februar 2008 ausgeführt worden.

Das Team setzte sich im Durchschnitt aus einem Vor- und drei Mitarbeitern zusammen. Für die Verwirklichung dieses Erholungsareal waren 1160 Arbeitsstunden notwendig.

Es umfasst heute einen Unterstand, eine Grillstelle und Holzbänke. Er dient der Erholung und der Entspannung für die Kinder, aber auch für die Festlichkeiten der lokalen Vereinigungen und für den Tag der Arbeit am 1. Mai.

Après plusieurs réunions avec les enseignants, le collège échevinal, le service technique et Objectif Plein Emploi, un projet répondant aux besoins de la population a été initié. Le service technique d'Objectif Plein Emploi a élaboré un concept et présenté les plans aux responsables communaux qui ont donné leur feu vert pour les travaux en mai 2007. Du 30 août au 12 décembre 2007, l'équipe était occupée à construire l'abri.

Le 21 janvier 2008, les responsables du CIGR Nordstad ont eu une réunion avec le collège échevinal qui a demandé quelques travaux supplémentaires : la rénovation du mûr, la construction d'une place de grillade et la possibilité pour les enfants de s'asseoir sur du bois. Ces travaux ont été réalisés en février 2008.

L'équipe s'est composée en moyenne d'un chef d'équipe et de trois salariés. Pour la réalisation de cette aire de repos 1160 heures de travail ont été nécessaires.

Aujourd'hui elle comprend un abri, un espace barbecue et des sièges en bois. Elle sert d'espace de repos et de détente aux enfants, mais également pour les festivités des associations locales et pour la fête du 1er mai.

AWEIUNG VUM CHALET ËNNER BUCHELS

Mëttwochs, de 9ten Juli ass de Chalet op der Grillplaz ënner Buchels offiziel ageweiht ginn. Rendez-vous war um 15:30 Auer op der Plaz.

De Programm war folgenden.
Begréissung duerch de Claude Thill, Präsident vum CIGR Nordstad.
Usprooch vum Députéierte John Castegnaro, Präsident vum Objectif Plein Emploi.
Usprooch vum Buergermeeschter Jos Lutgen.

Zwëscheduerch hunn d'Kanner aus dem Précoce an aus der Spillschoul Spiller an Dänz déi si an dene leschte Wochen mat hirem Léierpersonal ageprouwt haten ëm di nei erbaute Grillplaz obgefouert.

COUPE SCOLAIRE 2007/08 DEN 13. JUNI 2008

Och wann dëst Joër d'Coupe Scolaire op Freides den 13. gefall ass, war d'Editioun 2007/2008 rëm een Erfolleg an ass ouni Zwëschefäll iwwert d'Bühn gaang.

3 Klasse mat zesummen 41 Schüler waren ugemeld an haten mat hirem Léierpersonal, der Madame Jeanne Steffen-Dondlinger, dem Här Jos Kempa an dem Här Jo Breuer am Viraus d'Verkéiersregelen durchgeholl an de Parcours geübt.

Den Dag selwer hunn d'Kanner sech bei der Sportshal afonnt, an nodeems hire Velo déi technesch Inspektioun bestanen hat, krut nach jiddereen eng giel Signalwest mat der Startnummer. Du hunn d'Kanner als éischt ee Geschécklechkeetstest bei der Sportshal misste fueren éier si een nom aner op de Circuit duerch d'Duerf geschéckt goufen.

No knapps enger Stonn haten all Kanner d'Streck gemeeschtert a si hu sech zesumme mat de Streckeposten an den Organisatoren beim Pompjeesbau afonnt fir no der grousser Ustrengung eng kill Erfrëschung zou sech ze huelen.

Als Ofschloss huet all Kand, dat matgemaach hat, saï „Velosführerschein" iwwerreecht kritt.

Ee grousse Merci geet wéi all Joër un d'Elteren déi gehollef hunn, an ouni déi d'Organisatioun vun der Coupe Scolaire net méiglech wär, un d'Léierpersonal vum 5. a 6. Schouljoër, un d'Pompjeeë vu Schieren, un d'Membren vun der Verkéierskommissioun a natierlech un d'Gemeng mat hiren Servicer.

ERFOLGREICHE SAISON FÜR DEN TC SCHIEREN

Als überaus erfolgreich konnten wir die Spielzeit 2008 abschließen. In der Tat haben nicht weniger als 2 Mannschaften ihre Meisterschaft erfolgreich abgeschlossen und können im nächsten Jahr eine Division höher antreten.

Den Anfang machte die Seniorenmannschaft der Herren welche heuer zum ersten Mal am Meisterschaftsbetrieb teilnahm. Nach Siegen gegen Wiltz, Howald, Colmar-Berg und Bridel-Kopstal, stand dem Aufstieg nichts mehr im Wege. Die folgenden Spieler waren für den Verein im Einsatz: Everard Marc, Goerens Claude, Kasel Pierrot, Kasel Tom, Pletschette Camille, Schaap Bauke und Wohl Guy, und spielen somit ab dem nächsten Jahr in der Ehrenpromotion.

Dem wollten die Damen natürlich nicht nachstehen und so gelang es ihnen auch am Ende der Saison nach insgesamt 5 Siegen gegen die Vereine aus Mersch, Rümelingen/Kayl, Schuttrange, Heiderscheid und Echternach den Aufstieg in die Ehrendivision zu feiern. Bei unseren erste Mannschaft waren die folgenden

Spielerinnen im Einsatz: Romy Bertemes, Anne Zeimes, Laura Thill, Myriam Hoffmann-Nilles und Carmen Everard-Nilles.

Auf Grund dieser Leistungen hatte ein Gönner des Vereins es sich nicht nehmen lassen, dem Verein einen Geldbetrag zukommen zu lassen, Geldbetrag den der Verein in einen Grillabend für die beiden Mannschaften investierte und wo so manche Anekdote der einzelnen Begegnungen wieder aufgetischt wurde. Auch unsere Damen wussten ihren Aufstieg gebührend zu feiern.

Auch in der Coupe FLT brachte die 1ste Herrenmannschaft eine tolle Leistung zu stande. Nur knapp wurde das Halbfinale verpasst, dies nachdem in den Runden zuvor unter anderem das höher klassierte Ettelbruck ausgeschaltet worden war

Auch die anderen Mannschaften haben sich wacker geschlagen und haben es allesamt fertiggebracht ihre Klasse zu halten. Der Dank des Vorstands gebührt allen Spielern die sich im Laufe der Saison in den Dienst des Vereins gestellt haben und den Verein würdig im ganzen Land vertreten haben.

GRILLFEST AM 15. AUGUST 2008

Auch dieses Jahr wieder hatte der Vorstand alle seine Mitglieder und einige Gäste und Gönner zum traditionellen Grillfest auf den Anlagen des TC Schieren's eingeladen. Nachdem während 20 Jahren am 15ten August, mit Ausnahme eines Jahres, jeweils Superwetter herrschte, brauchten wir uns für dieses Jahr keine großen Sorgen ums Wetter zu machen ... unsere neue Terrasse würde auch einem Regen standhalten.

Aber natürlich ist es besser ein Grillfest in der Sonne als im Regen abzuhalten und so waren wir auch froh dass es der Wettergott, trotz kühler Temperaturen wieder gut mit uns meinte.

Im Laufe des Nachmittags wurden noch einige Finalspiele des internen Turniers ausgetragen bei denen Jos Lutgen, Jemp Geauthier, sowie die Doppel Marcelle Jeanpierre und Julien Kemp respektive Camille Pletschette und Romy Bertemes als Sieger hervorgingen. Wer schlussendlich als Sieger vom Platz ging war allerdings nicht von vorrangiger Bedeutung da vor allem der Spaß im Vordergrund stand.

Nachdem am Mittag das traditionelle Grillen angesagt war konnten sich die Mitglieder am Abend an Schinken und Melonen (auf speziellen Wunsch unseres Präsidenten J) satt essen.

Guy Berwick

LA SCHIRENER MUSEK ASBL, GAGNANT DU 1ER PRIX AU CONCOURS « RÉALISEZ UNE OEUVRE SUR LES 40 ANS CACTUS »

Par un dimanche ensoleillé, au Yuppileum il y a un an, la Schirener Musek asbl gagna un barbecue pour 150 personnes d'une valeur de 5000 €, offert par les sociétés Bell et Cactus.

Ainsi, c'était en date du 24 mai 2008, que notre société a enfin pu encaisser son gain. Les deux salles de fête de la Commune de Schieren étaient prêtes à accueillir les membres, les sponsors, ainsi que tous les amis et adhérents de la « Schirener Musek asbl ». Même les membres du collège échevinal avaient répondu à notre invitation.

La soirée débutait avec une réception au champagne, en présence de M. Gilles Feipel, project manager et responsable de marketing chez Cactus S.A. Ce dernier, lui-même originaire de Schieren, souhaita la bienvenue à tous les invités et exprima son plaisir à voir une société de son village remporter le premier prix au concours 40 ans Cactus.

Ensuite le président de la Schirener Musek asbl M. Camille Pletschette prit la parole pour annoncer le menu de la soirée : cervelas, saucisse à rôtir, brochette d'agneau, brochette de poulet, steak suédois et rumsteck mariné, accompagnés d'un buffet de salades.

Non seulement l'offre de plats était multiple, mais le service était aussi tellement rapide et bien organisé qu'on n'avait pas besoin de faire longtemps la queue devant le buffet et encore moins de souffrir de faim. En plus trois garçons veillaient à ce que nos verres étaient toujours bien remplis. En fin de compte on peut dire que toute l'équipe de Bell et de Cactus se chargeait parfaitement du bien-être des invités et membres de notre société.

Bien sûr le président n'oubliait pas d'informer les invités des travaux et efforts nécessaires à remporter le premier prix au concours « Réalisez une oeuvre sur les 40 ans Cactus ». En effet, l'oeuvre gagnante avait été créée par deux membres actifs et engagés de la Schirener Musek asbl, à savoir les deux sœurs Debbie et Sammy Storn. Pendant presque 6 mois elles avaient élaboré une oeuvre sous le nom de « Yuppi ! As time goes by ! », composée de 4 Yuppis, d'un bébé, d'un élève, d'un adolescent et d'un adulte en costume de fête sautant d'un gâteau. Ainsi la croissance de Yuppi durant les 40 dernières années avait pu être visualisée à travers ces quatre figurines en maille de fer et de papier-mâché.





Ensuite, le moment était venu de se régaler du dessert, qui consistait en un ou plusieurs morceaux de gâteaux et une bonne tasse de café. Bien sûr c'était aux deux créatrices que revenait le privilège d'entamer le gâteau.

Pendant toute la soirée, M. Luc Bertemes savait divertir les gens sur son orgue électronique et emmener même les plus paresseux à risquer une petite danse.

La fête battait son plein, lorsque le président M. Camille Pletschette mettait aux enchères une des quatre figurines qui avaient remporté le premier prix au Yuppileum. Après une course à égalité entre la Commune de Schieren et M. Antonio Soares, gérant-adjoint au Cactus Ingeldorf, ce dernier a réussi à acquérir le Yuppi-adolescent par son offre au montant de 115 €.

En résumé, la soirée était un succès formidable ou, comme M. Edouard Wagner, membre de longue date de la Schirener Musek asbl, le décrivait: « Deen Owend war super. Mir hu gutt giess an et war alles organiséiert vun A bis Z. Et war eng tip top Saach. Mir si frou. An dat kënnt vun Häerz! »

Schirener Musek asbl

SOLTON

24/05/2008

24/05/2008

INITIATION A LA MUSIQUE 2008

Freides de 27. Juni 2008 nomëttes an der Sportshal.

Schons ëmmer war d'Schieren Musek ëm säi Nowues besuergt, dee konstant néideg ass fir d'Weiderbestoen vun eiser Musek op engem héiche Niveau ze garantéieren.

D'Initiation zur Musek huet den Zweck fir eis Kanner zur Musek ze begeeschteren, se mat denen eenzelnen Instrumenter bekannt ze maachen, an iwwert de CMNord un eis Musek runzeféieren.

D'Initiatioun hu mir dëst Joer an der Sportshal ofgehal well d'Percussioun an de Piano do stongen fir de Galaconcert mat der Chorale samschdes den 28. Juni.

Invitéiert waren d'Klassen vum 1. bis 4. Schouljoer.

Dës Initiéierung vun de Kanner zur Musek gëtt säit dem leschte Joer an Zesummenaarbecht mam Conservatoir de Musique du Nord ofgehalen. Dëst Joer waren dat folgend Chargé de coursen: Roland Schneider, Mme Lecuivre, Isabelle Sanavia, Alain Jost, an den Tijn Loverink fir d'Begleedung um Piano.

De Roland Schneider huet di ganz Saxophons Game präsentéiert, seng Schüler Jules a Mathis Foxius an de Steven Da Cruz hunn e puer Stécker virgespillt, zum Afschloss huet de Roland Schneider de Kanner gewisen wéi de Saxophone baryton kléngt.

Weider gong et mat der Mme Lecuivre mat der Querflüt, hei hunn d'Jil Laubach, Mara Leuk a Christiane Oliveira fir d' éischt jiddereen leng eppes virgespillt, an duerno di 3 zesummen. D'Jil Laubach huet di néideg Erklärungen zur Querflüt ginn.

D'Clarinette gouf vum John Dondlinger virgestalt an hien huet de Kanner gewisen wéi se kléngt.

Fir d'Virstellung vum ganze Blechrepertoir war d'Isabelle Sanavia zoustännig, ugefaang op der Trompette huet de Rafael Augusto, duerno op der Trombone de John Dondlinger, um Tuba de Ben Feinen, an um Cor d'Viviane Molitor an d'Isabelle Sanavia am Duette. Si hunn all e puer Stécker ënnert der Begleedung um Piano vum Tijn Loverink virgedroen.

Den Alain Jost huet zum Ofschloss dunn dat ganzt Percussiouns Material virgestallt an di eenzel Instrumenter kuerz erklénge gelooss, iert de Marc Van der Pal du säi Können um Jazz ënner Beweis konnt stellen.

Dat Ganzt huet bis 20 vir 4 gedauert sou dass nit méi di néideg Zäit bliwwen ass fir dass d'Kanner di eenzel Instrumenter konnten auspropéieren.

De President huet de Chargée merci gesot fir déi wierklech gelongen Initiatioun an Auditioun, dem Léierpersonal dass si mat hire Kanner heihi komm sinn, de Musikantinnen a Musikanten fir hir musikalesch Virträg an de Kanner fir hir Gedold an hir Opmierksamkeet. Hien huet awer och den Appel un d'Kanner gericht bei eis an d'Musek ze kommen an sech an der Musekschoul anzeschreiwen, an huet drop higewisen dass een éischt Joer Solfege hei zu Schieren ugebuede gëtt. Bei der Frou wien da lo schon decidéiert wär fir de September mam Solfège unzefänken hunn der eng gutt Dozen de Fanger gewisen.

D'Kanner kruten an der Entrée vun der Sportshal nach eppes ze drenken. D'Léierpersonal krut fir all Kand en Dépliant mat, mat den Aschreiwungszäiten vum CMNord an dem Infoblat vun der Schierener Musek, fir de Kanner mat heem ze ginn.

CP

SUMMERFEST VUN DER SCHIERENER MUSEK

Sonndes de 6. Juli war d'Summerfest 2008. Et gouf am gewinnte Kader hannert dem Festsall, an am neie Sall ofgehal. Bei guddem Wieder hate sech entspriechend vill Leit afonnt. Virsichtshalber hate mir mat Pavillonen all Sëtzplazen am Haff iwwerdeckt sou dass d'Leit virun der Sonn geschützt waren.

Vun 11:00 Auer u war Apéritif.

Um 11:30 Concert Apéro vun der Harmonie Concordia Rouspert.

Ënnert der Direktioun vum … Schmitz huet d'Fanfare Concordia een usprochsvolle Programm gebueden.

Vun 12:00 Auer u gouf d'Mëttegiessen zerwéiert, op der Menuskaart stongen:

Fierkelshämmchen aus dem Schäffchen, Kotletten, Grill- a Mettwurscht mat Speckgromperen oder Fritten an Zalot vum räichhaltige Buffet,

Dessertsbuffet a Kaffi.

An der Kichen hunn eis zouverlässig Dammenéquipe, an eis erfuere Grillmeeschteren näischt ubrenne gelooss an hirt bescht gemeet fir eis Gäscht zefridden ze stellen, an et sollt keen hongrig vum Dësch goen.

Den Service hunn eis Musikantinnen an e puer Dammen mat der néideger Routine gemeeschtert.

Nom Mëttegiessen gong et weider mat der éischter Partie Bingo.

Fir d'Kanner hate mir och dëst Joer rëm Spiller am Haff niewendrun ageriicht. Nei dëst Joer war d'Keelespill, bei deem d'Klatz um Seel hong an d'Kanner mat vill Begeeschterung versicht hunn alle 9 mateneen ëmzewerfen.

Vu 14:30 Auer un huet d'Ettelbrécker Strëpp ënnert der Direktioun vum Schause Jang mat flotter a gekonnter Ënnerhalungsmusek mat sëlleche Soloeinlagen während bal zwou Stonnen fir gutt Stëmmung gesuergt. Zum Schluss ware mer eis all eens déi durfen nees rëmkommen.

Am Nomëtteg goufen och dëst Joer nees Eisekuche gebaack eng Initiativ vun der Famill Nickels ënnert der Regie vum Guy.

Um 16:30 Auer war et un der Harmonie Municipale, les Échos de l'Alzette Roeserbann fir als drëtt Musek vum Dag ënnert der Baguette vum Carlo Pettinger dee musikalischen Deel ofzeschléissen. Och si hu mat engem uspruchsvolle Programm duerch hir Präzisioun beandrockt.

Um Ënn vun dësem leschte Concert ass de Grill nach eng Kéier ugefaange ginn fir bei enger Kotlett, enger Grill- oder Mettwurscht an engem Patt dat dësjäeregt Summerfest ausklengen ze loossen.

Alles an allem war dëst Summerfest e vollen Erfolleg a mir ginn Iech lo scho rendez-vous fir dat nächst Summerfest de 5. Juli 2009.

CP

QUARTIERSCONCERT AN DER CITÉ EMILE TIBESSART

Freides den 30. Mee konnt entlech am drëtten Ulaf de Quartiersconcert an der Cité Emile Tibessart gespillt ginn. Di zwee Joere virdrunn ass en all kéiers an d'Waasser gefall.

Wann de Reen och dëst Joer do hong an et zimlech frësch war sou haten sech trotzdem niewent de Leit aus der Cité vill Unhänger a Frënn vun der Schierener Musek afont.

CONCERT OP DER PLËSS

Freides de 6. Juni um 20 Auer 30 hate mir Concert op der Place d' Armes. Wéi mir heiheem an de Bus geklomme sinn huet et riicht ra gereent. Mir hunn trotzdem beschloss ze fueren, an d'Entscheedung war richteg, an der Stad huet et nit méi gereent a mir hunn eise Concert gespillt. Et ware wuel manner Leit do wéi wann schéint Wieder gewiescht wir mee dat ass nun mol sou.

Eise Fotograf war haut leider nit um Dill.

CONCERT ZU WAASSERBËLLEG

D'Waasserbëlleger Musek hat eis fir samschdes de 19. Juli zu engem Austauschconcert op hirt Summerfest op der "Spatz" invitéiert. D'Spatz ass eng herrlich Plaz do wou d'Sauer an d'Mousel fléisst. Et war gutt dass d'Musikanten mee och d'Leit ënnerdaach soutzen well beim zweetleschte Stéck huet e kräftige Wiederreen agesat.

Mir hunn di Waasserbëlleger Musek fir de Retourconcert d'nächst Joer op eist Summerfest invitéiert.

de 25. Oktober 2008
zu SCHIEREN am Festsall

Vun 19:00 Auer un gëtt
eng Hameschmier oder e Kéisteller
zum Präis vun 10.00€ zerwéiert

Rido: 20:00 Auer · Entrée: 14.00€

Reservatioun um ✆ 81 84 06 oder
um 621/47 36 45

Org. Schierener Musek

FC JEUNESSE SCHIEREN – ASSEMBLEE GENERALE

Schieren den 4. Juli 2008

Saison 2007 – 2008

et war virun engem gutt gefëllten Sall wéi de President vum Schierener Football di 62. GV opgemaach huet.

Villes war an der vergaangener Saison geschitt an ass en Revue passéiere gelooss ginn, an als Résumé gouf festgehalen, dass de geplangten Opstieg vun der éischter Ekipp leider verpasst ginn ass.

Eist Zil gouf nit erreecht wat di Responsabel mat hiren Traineren awer nit dovunner ofgehalen huet fir di nei Saison 2008 - 2009 sech ëmzekukken, nei Spiller ze engagéieren fir méi een effikassen Kader ze kréien.

Mir sinn och zouversichtlech, dass de neie Kader mënschlech a spillereg besser zesumme passt, esou dass mir ee possitivt Resultat erwaarde kënnen.

Nei an eiser Ekipp sinn:

Fonseca Johny ..... Cebra
Gomes José ..... Beggen
Mannon Jacques ..... Berdorf Consdorf
Monteiro Sandro ..... Beggen
Nelson Helario ..... Berdorf Consdorf
Rodrigues Eduardo ..... Portugal
Santos Christopher ..... Medernach

verlooss hunn eis:

Ramos Adamo ..... Dikrech
Pruchenski Janusz ..... Housen
De Oliveira Odeilton ..... Flaxweiler
Gomes Fernando ..... Bourscheid

Eiser zweeter Ekipp ass et gelongen nees opzesteigen an di drëtt Klass an dat freet eis besonnech well dat speziell eise jonke Spiller zu Gutts kënnt well si elo méi gefuerdert ginn, an doduerch dem Niveau vun der éischter Ekipp weesentlech méi no kommen.

Och eis Jugendekippen hunn sech gutt aus der Affaire gezunn des Saison.

Ofschléissend well ech all eise Gënner a Supporter villmols merci soen fir hir finanziell a moralesch Ënnerstëtzung, well ouni si hiren FC Schieren nit fonktionnéieren kënnt. Duerfir e spezielle Merci un de Supporterclub.

de Comité 2008-2009
besteet aus folgende Leit:

Prés.:	Jos Lutgen
Vize-Prés.:	Carlo Garson
Secr.:	Marcel Bertemes
Cais.:	Jos Zeimes
Memberen:	Jos Nilles, Emile Fiedler, Nico Hilger, Willy Biebricher, André Schmit, JP Meisch, Josy Greisch, José Duarte Francis Wirth.

Nit méi dobei ass den JP Schmitz an de René Zeimet. Mir soen hinnen villmols merci fir alles wat si fir hiren Veräin an der Vergaangenheet geleescht hunn.

Léiw Footballfrënn,

mir kucken no vir a mir si sëcher, dass mir och dest Joer vill Freed un eisen Ekippen wäerten hunn.

FC JEUNESSE SCHIEREN 2008-2009

1. rangée: Lopes Edson-Abega Ndongo - Cedric Dussert - Sandro Monteiro - Pit Schartz - Bela Varela - Gilles Garson - Bruno Carvalho
2. rangée: Steve Majerus (T) - Helder Ferreira - Eduardo Rodrigues - Jos Lutgen (President) - André Teodoro - Pol Zeimes - Tom Scheid (CT)
3. rangée: John Fonseca - José Gomes - Tom Dostert - Christophe Santos - Flavio Campos - JP Da Cunha - Marco Bulas - Marco Ferreira
petites photos: Jacques Mannon - Nelson Ferreira

SCHIERENER POMPJEEËN

Donneschdeg, den 29. Mee 2008: kuerz viru 7 Auer moies goufen d'Pompjeeën iwwert de Piepsert geruff. Si sinn nach nit aus dem Pompjeesbau fortgefuer an hir Hëllef gouf an der Tëschenzäit op 8 verschiddene Plaze gefrot. An de fréie Moiesstonnen ass souvill Ree gefall, datt de Kanal d'Ofwaasser nit konnt packen. Kanaldeckele goufe vum Waasser an d'Luucht gedréckt an d'Iwwerschwemmunge woren d'Konsequenzen dovun an dat an de folgende Stroossen: Léibierg, Schleed, route de Luxembourg, rue du X Septembre, Neie Wee a Montée de Nommern. Sämtlech Gefirer vun de Pompjeeë woren am Asaz. Déi gréissten Iwwerschwëmmunge woren op der anerer Säit vum AMS ze vermellen.

Duerch déi gutt Aarbecht huet sech d'Situatioun gebessert an dat Meescht wor ënner Kontroll bis eppes no 7 Auer een zweete Schluet erofkomm ass. Dat Ganzt ass elo rëm vu vir ugaangen. Duerch de grousse Chantier vum neie Lotissement wor Sand mat Schlaacken ausgespullt ginn, déi dunn iwwer déi ganz Haaptstrooss verdeelt wor.

D'Pompjeeë goufen elo sou richteg erausgefuerdert. Bis 14.30 Auer wore se alleguer ouni Ënnerbreechung am Asaz. Nëmmen an der Mëttesstonn gouf ët kuerz am Schierener Atelier eng kleng Stäerkung. Nieft de Pompjeeën hunn och nach Schierener Leit, déi nit vun den Iwwerschwemmungen betraff woren, gehollef. Hinnen ee grousse Merci fir hir spontan an onentgeltlech Hëllef. Leider wor ët nit méiglech iwwerall an direkt ze hëllefen a bei dëse Leit entschëllege sech d'Pompjeeën. D'Ausmoosse vun den Iwwerschwemmunge woren einfach ze grouss.



Iwwerschwemmung

No dësem aussergewéinlechen Asaz gouf ët déi Woch drop eng bëssi méi erfreelech Aufgab. D'Ettelbrécker Pompjeeën hunn hir 125 Joer mat engem grousse Programm gefeiert, dee sech iwwer dräi Deeg gezunn huet. Hei hu verschidde Membere den Ettelbrécker bei hirer Feier gehollef an e Sonndeg, den 8. Juni, hu sech d'Schierener Pompjeeë mat hirer aler Pompel um Cortège bedeelegt.

Op Nationalfeierdag ginn traditionell verdingschtvoll Pompjeeë geéiert. Dëst Joer kruut den Nickelse Jang eng Medaill. 50 Joer ass hie schons bei de Schierener Pompjeeën. Zu sénger Zäit huet hien deemols säin Auto de Pompjeeën zur Verfügung gestallt fir Leit an Nout hëllefen ze kënnen. Hien hat och de Schlëssel vum Pompjeesbau a wor ëmmer fir d'Pompjeeën do. Wann hien auswäerts geschafft huet an d'Sirene ass zu Schieren gaangen, da huet hien séng Aarbecht néiergeluecht an ass op Schieren an den Asaz gefuer.

Zum Schluss vun der Summervakanz organiséieren d'Pompjeeën hir Pouletsfest. Dëst Joer wor d'Fest sonndes, de 14. September. Samsdes goufen d'Zelter opgeriicht. Do haten d'Pompjeeë manner Chance mam Wieder. De ganzen Dag huet ët gereent an d'Temperaturen woren alles anerschtes wéi summerlech. Dat sollt sech awer den Dag selwer änneren. Obwuel ët bëssi frësch wor huet d'Sonn sech gewisen an d'Reewolleke wore keng um Himmel. D'Schierener Musek huet d'Leit mat engem Concert-Apéritif an déi richteg Feststëmmung bruecht. Uschléissend goufen d'Pouletsen opgedëscht. Fir Animatioun hu wéi déi Jore virdrunn de „Pol & Rosch" gesuergt. Obwuel manner Leit wéi d'lescht Joer um Pouletsfest woren, ass d'Pouletsfest guer nit an d'Waasser gefall an och d'allgemengt Resultat ka sech weise loossen.

Zum Schluss erënneren d'Pompjeeën un den **EISCHT-HËLLEF-COURS, deen elo den 1. Oktober ufänkt** an am Pompjeesbau ofgehale gëtt.

Pouletsfest

GAART AN HEEM SCHIEREN

7. Juni 2008: Mammendag

De 7. Juni wor eis Mammendagsfeier

Nodeems d'Musek ofgesot hat wéinst ze vill aneren Engagementer huet d'Ramona eis aus der Patsch gehollef an zesumme mam Kannerchouer vum Schierener Gesank huet hat ee flotten Owend fir eis Mammen op d'Bee gestallt.

Kleng awer reng. De Kannerchouer vum Gesank besteet am Moment nëmmen aus 10 Kanner.

Si hunn hir Saach richteg gutt gemaach. Op Solo oder zesummen am Chouer, et war ee Genoss fir hinnen nozelauschteren. Mir soen hinnen an dem Ramona villmols Merci fir dee schéine Konzert.

All Mamm am Sall a Member vum Veräin krut duerno hire Kado.

10. Juli 2008: Bouillon-Orval

Den 10. Juli war de Gaart an Heem op Bouillon an op Orval.

Zu 27 si mer Moies em 8.00 Auer bei der Kierch gestart.

Wiederméisseg hate mer ee vun deene wéinige sonnigen Deeg vun dësem Summer erwescht.

Zu Bouillon an der Buerg goufe mir zréck an d'Zäit vun de Kräizzig an an de Mëttelalter versat.

Eise Guide wosst eis vill ze verzielen an et war schons e bessen onheemlech, fir eis duerch di zäitweis déischter Gäng an Trapen ze taaschten. Mä mir sin all rëm gaanz am Haff vun der Buerg ukomm.

No enger Raub- an Gräifvulleshow vun enger halwer Stonn gong et dunn un de Mëttesdësch.

Am Nomëtteg hu mir mam Train touristique nach ee klengen Tour duerch Bouillon gemaach.

Weider gong et du mam Bus op Orval.

Eng sympathisch Damm huet eis mat vill Wëssen a Kënnen d'Geschicht an d'Liewe vun de Pateren zu Orval erklärt.

Um Wee fir heem hu mir am Café-Restaurant Waldhaff nach eng kleng Paus ageluegt fir a geselleger Ronn dësen Dag mat engem gudde Stéck Ham ofzeschléissen.

15. August 2008: Léiffrawëschdag

Mir hunn 80 Wëscher gebonnen . No der Mass konnt jiddereen dee wollt, ee geseentene Wësch mat heem huelen.

20. September 2008: Quetschefest

Vir d'éischt huet et geheescht: mir fanne keng Quetschen. Zu Schieren si keng, zu Glabech och net. Zu Steesel hu mer ze spéit gefrot. Schlussendlech hu mer der zu Waasserbëlleg fonnt.

Den 10. an den 11. September, eng Woch mi fréi wéi geplangt, hu mir 8 Zenner Quetschekraut gekacht.

Op eisem Quetschefest den 20. September konnten d'Leit hir Bestellungen vum Quetschekraut an d'Quetschentaarten eweschhuelen.

Wee wollt konnt an eiser Kaffisstuff ee gutt Stéck Quetschentaart, mat oder ouni Klappschmant, mat enger Tas Kaffi derbäi, op der Plaz genéissen.

D'Quetschendrëpp huet och net gefeelt.

NEIES AUS DER PAR

Massendingerausfluch ob Amnéville an den Zoo

Den 10. September waren eis Massendinger an den Zoo ob Amnéville.

Schon zënter Joeren ass dât esou Brauch datt am September den Ausfluch gemaach gëtt.

Nach all Joer haate mir super Wieder, dëst Joer hat et net esou richteg geklappt. Awer trotzdem no 14 Auer koum d'Sonn, an si ass bis owes bliwwen. Eise Massendinger huet dee bëssen Reen näischt ausgemaach. Fleisseg goufen d'Geessen, d'Ieselen, d'Afen an nach vill aner Déieren mat Popkorn gefiddert. Jo, och d'Lama hat Popkorn kritt, awer dat muss dem Lama net esou richteg geschmaacht hunn, well et huet eisem Här Paschtouer alles an d'Gesiicht gespaut!

Mëttes gouf et fir di ganz Band en Riesenhamburger mat Fritten an am Nomëtteg esuguer eng Glass. Um 17 Auer si mir dunn erëm mat eisem flotte Minibus ob Schieren gefouert ginn.

Erläichendag 2008

Ewéi och di lescht Joren ass opb Erläichendag d'Radiosmass vu Schieren iwwerdroe ginn. Fir esou eng Mass ze sangen heescht et vill prouwen a virun allem vill Zäit opferen. Mee eis Schierener Sänger man dat all Joer gutt, alles hat tip top geklappt!

No der Mass si mer a feierlecher Prozessioun op de Kierfent gaang. Eis Kanner hu fléisseg Blumme gestreet virum Allerhellegsten. Dëst Joer wor et e bësse schwierig fir iwwerhaapt Blummen ze fannen, fir ze streeën. Ouschteren wor immens fréi an dodurch sinn och all aner kierchlech Fester e puer Wochen méi fréi gefall. Paischtrousen, déi gäre gestreet ginn, woren bei deene meeschten Leit mol nach net op. Mee trotz allem hu mir genuch Blummen zesummen kritt, an eise Kanner huet et nees eng Kéier vill Freed gemaach.

Mir soen all deene Merci déi eis Blummen laanscht bruecht hun oder laanscht Stroossen plécke woren. Och eise Kanner e grousse Merci!

Josiane

Informatioun zur nächster Firmung

Wéini: 2 0 1 0

Wien: All Jugendlechen, deen 2010 seng 16 Joer kritt

Wieder Informatiounen fënns du am Fréijoer 2009 am Porbréif !

Scheckiwwerreeschung un D'AMICALE INTERNATIONALE D'AIDE A L'ENFANCE

No der Schoulschlussmass de 9. Juli hunn eis Schierener Kommiounskanner e Scheck vun **1.330 € un AIAE** iwwerreescht.

Wéi all Joer hunn d'Kanner op en Deel vun hire Kadoen, Blumen a Kaarten verzicht. Si hu Geld gesammelt fir Kanner deenen et net esou gutt geet ewéi hinnen.

No der Mass huet d'Madame Schaul Joëlle de Kanner Fotoe gewisen, esou konnten si sech e Bild man, wat mat deem gesammelte Geld soll geschéien. Si ware ganz interesséiert an hu vill Froen gestallt. Mat denen 1.330.- Euro können villen aarmen a kranke Kanner, Jugendlechen a jonke Mammen gehollef ginn. D'Madame Schaul huet sech bei de Kanner an hiren Elteren häerzlech bedankt fir dee schéine Gest.

D'Kommiounskanner soen alle Leit MERCI, déi dës Aktioun ënnerstëtzt hunn!

FRËNN VUM 3. ALTER SCHIEREN

BRETZELFEIER – 27. FEBRUAR

Vun eiser Bretzelfeier hu mir nach no ze droen, mir hunn dem Mariette an dem Raymond Hess-Werdel hir gëllen Hochzäit nodréiglech gefeiert.

Si hate Stiefesdag 2007 hire groussen Dag. D'Frënn vum 3. Alter wënschen hinnen nach schéin a gesond Joeren zesummen a mir hoffen dass d'Mariette nach laang an eiser Mëtt kann hëllefe schaffen.

AUSFLUG – 18. JUNI

26 Leit ware mat op Durbuy gefuer.

Mir haten herrlecht Wieder an d'Terrassen hu richteg agelueden. Déi klengste Stad vun der Welt huet schéi schnukkeleg Gaassen, mee um Buedem ass lauter Pawee, dat ass nët esou gutt fir eis Féiss. No engem Tour mat hirem Train touristique ass am Restaurant Calèche e gutt Mëttegiessen zerwéiert ginn. Duerno si mir laanscht d'Waasser getrëppelt fir an de «Jardin des Topiaires» kucken ze goen. Pällemstäck als Figure geschnidden, wirklech schéin ze kucken, wat ee mat Planzen maache kann. No engem kille Patt op der Terrasse hu mir eis nees op den Heemwee gemaach.



GRILLFEST – 25. JUNI

Eist Grillfest war e bëschen an d'Waasser gefall, well ët ëmmer méi schwaarz ronderëm ginn ass, hu mir d'Griller an d'Kiche geplënnert. 62 Leit waren trotz schlechtem Wieder am Sall. De Marcel Bertemes an de Fränk Meyer hunn eis Kotletten a Speck am Béier gedréint, dat huet extra gutt geschmaacht.

Eng Zalot, eng Creme, eng Taart, e Kuch , alles ass gutt ukomm a mir soe villmols Merci. Besonnesch och deene Leit déi eis nees gehollef hunn.

Maggy

DAG VUM 3. ALTER

Sonndes, den 19. OKTOBER 2008

Um 14.30 Auer CONCERT

mam Dammechouer „Just for fun"

TURNVERAIN SCHIEREN

SUMMERFEST VUM TURNVERAIN

Den 20. Juni huet de Schierener Turnveräin op säin traditionnellt Summerfest an d'Sportshal agelueden.

Wéi all Joer war d'Tribün gutt gefëllt bei de gefälleg Optrëtter vun de klenge Sportler aus der Sektioun Maman et Bébé a vun deenen vun 3 bis 6 Joer aus der Spillsektioun. Et ass schon impressionnant, wéi eecht dass déi kleng Butzen hiren Optrëtt geholl hunn an et war ee Genoss hinnen nozekucken.

All Respekt hire Monitricen, déi et während der ganzer Saison verstan hunn, d'Kanner ze motivéieren an dee flotte Programm mat hinnen op d'Been ze stellen.

Een décke Merci och den Eltere vun de Kanner.

Den Optrëtt vum Self Defense war wéi all Joer formidabel.

Dee grousse Grupp, deen iwwer Joren scho virbildlech gefouert ass vun hiren 2 Traineren, konnt d'Zuschauer begeeschteren.

Fir Iessen an Drënken war, wéi dat zu Schieren selbstverständlech ass, beschtens gesuergt.

Alles an Allem war d'Summerfest e volle Succès an den Turnveräin gëtt senge Frënn rendez-vous op der Editioun 2009.

Juliette Kemp

AUSFLUG OP AMNÉVILLE

Samschdes de 14. Juni huet den Turnveräin mat senge Sektiounen, Maman & Bébé an Ons Kanner en Dagesausflug an den Zoo op Amnéville gemeet.

Et haten sech am Ganzen 55 Persounen ugemellt, 36 Kanner, 2 Poupelcher a 17 Erwuesener sou dass ee gudden Encadrement garantéiert war. Den Départ war um 9:00 Auer bei der Kierch an all waren se mat Zäit um Dill.

D'Kanner koume nit aus dem Staunen raus sou vill wëll Déieren an exotesch Vullen beieneen ze gesinn. Si konnten sech sou richteg austoben an dësen Dag wäert hinnen ëmmer a gudder Errënnerung bleiwen.

Géint 17:00 Auer hu mir eis rëm op d'Heemrees gemeet, am Bus huet et nit laang gedauert bis et ganz rouig gouf an si hunn alles weggestréckt bis mer heiheem waren.

TEAM

SAISON 2008-2009

A partir du 16 septembre 2008

NORDIC WALKING

MARDI A 18.45 HEURES TOUTE L'ANNEE SANS INTERRUPTION

MAMAN (PAPA) ET BEBE

MERCREDI DE 9.30 A 10.30 HEURES

GYMNASTIQUE « WELLNESSTURNEN / BAUCH, BEINE, PO (BBP)

JEUDI DE 19.30 A 20.30 HEURES

GYMNASTIQUE DOUCE « GESONDHEETSTURNEN »

JEUDI DE 9.15 A 10.15 HEURES

SELF-DEFENSE-MIXTE (A PARTIR DE 5 ANS)

VENDREDI DE 18.00 A 19.30 HEURES

JEUX-MIXTE (3 A 6 ANS)

SAMEDI DE 10.00 A 11.30 HEURES

SELF-DEFENSE

Il se peut que, d'un moment à l'autre, vous vous trouviez dans une situation où votre vie est en danger.
Venez apprendre dans nos cours à réagir vite, tout en connaissant vos limites et vos possibilités.

NORDIC WALKING (MARCHE NORDIQUE)

La marche nordique est une activité d'endurance qui privilégie le bien-être et la santé et peut aider à perdre du poids.
Elle aide à diminuer le stress et les problèmes de sommeil.

GYMNASTIQUE DOUCE

La pratique du sport ne souffre pas du poids des ans !
Les exercices proposés sont destinés à entretenir votre corps, à renforcer vos muscles et à affiner votre silhouette.

BBP / VENTRE, JAMBES, FESSIER

Révitalisation du corps par des exercices simples. Exercices de renforcement musculaire. Tonification de la silhouette.

Renseignements au tél. 81 88 02 (Kemp) ou 81 84 06 (Pletschette)

N'hésitez pas à joindre la grande famille du SCHIERENER TURNVERÄIN

BBC Black Frogs Schieren

- Hues du Loscht Basket ze spillen?
- Bass du 4 Joer a méi al?

….da komm eng Kéier op en Training an d' Sportshal probéieren...

Déi verschidden Jugendéquippen trainéieren:

Baby-Basket (4-6 Joer): Samschdes vun 9:00 – 10:00

Poussins/Poussinnes (7-10 Joer):
Dënschdes vun 15:00 – 16:30
Donneschdes vun 15:00 – 16:30

Minis/Fillettes (11-12 Joer): Dënschdes vun 16:30 – 18:00
Donneschdes vun 16:30 – 18:00

Weider Informatioune beim Jeanpierre Marcelle um 661 74 75 89

BBC BLACK FROGS SCHIEREN

Ausbléck op d'Saison 2008/2009

Fir d'Hären konnten mir keen anere wéi een ale Bekannten aus dem lëtzeburger Basket, den Derek Wilson, verflichten. Hie war mat der Etzella vun Ettelbréck an der Résidence vun Walfer net manner wéi 6 mol lëtzeburger Champion. Desweideren konnte mir de Claude Kerger un eis bannen, dee mat der Etzella och Champion an Coupegewënner war. Bob Hirt, Elvis Duarte an Rui Britto sin aner Verstärkungen fir eis Équipe.

Den Auslännerposten bei den Dammen gëtt vun Shaneisha, genannt Sheena, Walton bekleed. D'Sheena ass 1m85 grouss, geschwënn 24 Joer al an huet virdrun fir d'Universitéit vun Tampa a Florida gespillt. D'Nancy Kirch huet no enger Saison Paus erëm ugefaangen. D'Sylvie Michel, wat bei eis ënnert dem Statut vum 2. EU-Auslänner spillt an d'Michèle Zimmer wat ënnert der Coopératioun mat der Etzella bei eis spillt, verstärken eis Dammenéquipe fir d'Saison 2008/2009.

Et gëtt eng schwéier a léierräich Saison fir déi 2 Équipen, an duerfir, och wann et elo Entrée kascht, kommt se ënnerstëtzen. D'Spiller danken Iech et andeems se dat Bescht wäerte probéieren, fir den Numm vu Schieren am lëtzeburger Basket héich ze halen. Si zielen op Iech.

44 - Sheena Walton

6-1 - Senior - Largo, Florida

Sheena Walton Season Highs

Points	31 vs. Cal State Stanislaus (11/17/07)
FG Made	11 twice, last vs. West Georgia (11/23/07)
FG Attempted	17 twice, last vs. West Georgia (11/23/07)
FG Percentage	.857 (6-7) vs. PR-Mayaguez (11/26/07)
FT Made	9 vs. Cal State Stanislaus (11/17/07)
FT Attempted	13 vs. Cal State Stanislaus (11/17/07)
FT Percentage	.875 (7-8) vs. Barry (2/16/08)
Rebounds	15 vs. Florida Tech (1/12/08)
Steals	4 vs. Nova Southeastern (1/5/08)
Assists	4 vs. PR-Mayaguez (11/26/07)
Blocks	9 vs. Florida Southern (1/23/08)
Minutes	39 several times, last vs. Barry (2/16/08)

Sheena Walton Career Highs

Points	31 vs. Cal State Stanislaus (11/17/07)
FG Made	12 vs. Lynn (3/3/06)
FG Attempted	21 vs. Nova Southeastern (1/21/06)
FG Percentage	.900 (9-10) vs. Palm Beach Atlantic (12/17/06)
3FG Made	1 vs. Lynn (3/3/06)
3FG Attempted	1 vs. Lynn (3/3/06)
FT Made	10 vs. Lynn (1/7/06)
FT Attempted	14 vs. Lynn (1/7/06)
FT Percentage	1.000 (6-6) vs. Colo.-Colo. Springs (11/26/05)
Rebounds	19 vs. Eckerd (2/23/05)
Steals	4 twice, last vs. Nova Southeastern (1/5/08)
Assists	4 vs. PR-Mayaguez (11/26/07)
Blocks	12 vs. Rollins (3/4/07)
Minutes	42 vs. USC-Upstate (12/29/05)

Sheena Walton In The UT Record Book

Points	4th with 1,526
FG Made	4th with 597
FG Percentage	5th at .537
Rebounds	3rd with 1,014
Rebound Average	6th with 8.8
Blocks	1st with 396
Blocks Average	1st with 3.4

"Sheena Walton is a player that for the last three years has demanded teams to double and even triple team her in order to try and slow her down. That says a lot about her numbers. She is a complete stat sheet player."

-Tampa head coach Tom Jessee

Honors and Awards

-2007-08 Daktronics second-team All-American
-2007-08 WBCA first-team all-South
-2007-08 Daktronics first-team all-South
-2007-08 Daktronics South Region POY
-2007-08 SSC all-tournament team
-2007-08 national blocked shots leader
-2007-08 first-team all-SSC
-2007-08 SSC Player of the Week (3/3)
-2007-08 SSC Player of the Week (11/26)
-One of three Tampa players with 1,000 points/rebounds
-2006-07 Kodak/WBCA HM All-American
-2006-07 first-team all-SSC
-2006-07 second-team all-South Region
-2007 SSC all-tournament team
-2006-07 SSC Player of the Week (12/16)
-2005-06 first-team all-SSC
-2005-06 three time SSC Player of the Week
-2006 SSC all-tournament team
-2004-05 SSC Freshman of the Year
-2004-05 SSC all-freshman team

Year	GP-GS	Min/Avg	FG-A	Pct	3FG-A	Pct	FT-FTA	Pct	Off-Def	Tot	Avg	PF-FO	A	TO	B	S	Pts	Avg
2004-05	27-26	667/24.7	101-210	.481	0-1	.000	42-62	.677	100-127	227	8.4	55-0	12	40	66	15	244	9.0
2005-06	31-31	908/29.3	178-314	.567	1-1	1.000	101-139	.727	110-156	266	8.6	69-1	20	52	105	34	458	14.8
2006-07	26-26	795/30.6	135-250	.540	0-0	.000	83-123	.675	89-124	213	8.2	56-1	20	41	99	20	353	13.6
2007-08	31-31	975/31.5	183-337	.543	0-0	.000	105-152	.691	97-211	308	9.9	55-0	26	56	126	30	471	15.2
TOTAL	**115-114**	**3345/29.1**	**597-1111**	**.537**	**1-2**	**.500**	**331-476**	**.695**	**396-618**	**1014**	**8.8**	**235-2**	**78**	**189**	**396**	**99**	**1526**	**13.3**

15 Joer

Chorale Caecilia
Schieren

D'Chorale am Joer 2008

D'Chorale am Joer 2008



1. Fernandes Cardoso Katy | 2. Augusto Martins Rafael | 3. Carvalho Oliveira Christiane | 4. Figueiras de Sousa Rodrigues Elisabethe | 5. Carvalho Oliveira Sarah | 6. Carvalho Olveira Claudia | 7. Scholer Josiane | 8. Post Louise | 9. Dondinger Marie-Paule | 10. Schaillié Francine | 11. Münstermann Simone | 12. Meisch Maggy | 13. Blasius Marga | 14. Majerus Margot | 15. Storn Viviane | 16. Grosu Elena Ramona | 17. Kuffer Myriam | 18. Bever Irène | 19. Nickels Jeannine | 20. Giulioni Eliane | 21. Schmitz Marie-Thérèse | 22. Weber May | 23. Gengler Nelly | 24. Plier Léonie | 25. Schroeder Aline | 26. Meisch Jean-Paul | 27. Goerens Gust | 28. Nickels Tony | 29. Grosu Antonio | 30. Bormann Jos | 31. Weber Jos | 32. Garson Marc | 33. Gross Mich | 34. Gillen Romain | 35. Zeimes Jos | 36. Wagener Jules | 37. Gengler Roger

Op der Gruppefoto feelen: Ney Irène, Ragnoli Ezio, Pinheiro Tavares Sara

Sonndes, den 22te Juni 2008

Gedenkmass

ëm 10.30 Auer

zu Éiren vun alle liewenden a verstuerwene Memberen vun der Chorale,

gesonge vun der

Chorale CAECILIA Schieren

Direktioun: Antonio Grosu
Uergel: Marc Garson

Virun der Gedenkmass huet de Comité vum Gesangveräin Blummen néiergeluegt um Graf vun hirem leschte verstuerwene President, dem Jos Goerens.

Am Gedenkgottesdéngscht fir all liewend a verstuerwe Membren vun der Chorale huet de Gesank d'Mass vum Gounod gesongen an de Kannerchouer den Hallelujah an den Ave Verum vum Mozart.



D'Fürbitten goufen vun 3 Dammen aus dem Comité, dem Francine, dem Eliane an dem Viviane virgedroen.

Freides, de 27te Juni 2008

ëm 18.30 Auer an der Sportshal

Akadeemesch Sëtzung

mat Virstellung vun der Festbroschür
an Eröffnung vun enger

Fotosausstellung

iwwert 75 Joer Gesank zu Schieren

Musikaleschen Encadrement
Trio Arundo :
Jean-Luc Blasius (Cor de Basset)
Sébastien Duguet (Cor de Basset)
Marcel Lallemang (Cor de Basset)

Elena Grosu (Soprano)

Kannerchouer vun der Chorale
Direktioun : Elena Grosu
Piano : Marc Garson

Nit nëmmen vill Vertrieder aus der Politik an dem ëffentleche Liewen haten dem Gebuertsdagskand d'Éier erwisen, mä och …….

....fréier Sänger,

.... fréier Dirigenten,

.....heiteg Sänger a Sängerinnen,

a gläichaltreg Schierener

Riedner, déi dem Gebuertsdagskand gratuléiert hunn :

Jos ZEIMES-President vun der Chorale

Roby Zenner-President vum Pius-Verband

Marie-Josée Jacobs-Familljeministerin

Jos. Lutgen-Buergermeeschter

Louis Karmeyer-President vun der UGDA

Hei een Auszoch aus dem President Jos Zeimes sengem Historique vum Veräin :

« …….An der Chronik vum Här Bourkel, Schoulmeeschter an och laangjähregen Dirigent a Sekretär, kuerz gesot, der Séil vum Gesank, hunn ech gelies:"Von jeher bestand ein Kirchengesangverein an der Pfarrkirche zu Schieren. Der Gesangverein pflegte besonders den Choralgesang, führte an hohen Festtagen auch mehrstimmige Messen und Gesänge auf."
Am Joer 1923 ass den deemolege Gesangveräin Liberty gegrënnt ginn. Den éischten Dirigent war de Schoulmeeschter J. Nicks.
De Veräin huet och während 9 Joer gutt funktionéiert an huet bestanen aus 3 Männer- an 1 Jongestëmm. Mä lues a lues entwéckelt sech dëse Virgänger vum heitege Veräin an 2 Richtungen: déi eng ware méi fir kierchlech Wierker, an déi aner fir déi weltlech. Offiziell soll et duerfir zum Sträit komm sinn. Mä ech hunn awer an de Chroniken nach eppes anescht fond: Chrëschtdag 1932 sollt Theater gespillt ginn. D'Akteuren waren all Mitglied vum Gesank. An deem Theaterstéck waren awer och 2 Fraleitsrollen, an, wéi dat déi Zäit war, d'Sänger haten d'Rechnung ouni de Paschtouer gemaach. Wéi hien eppes dovun zu Ouren kritt huet, huet et Sonndes um Predigtstull gehummert : Als Diener der Kirche, könne er nicht einverstanden sein, dass Jungfrauen mit Mitgliedern vom Gesangverein zusammen Theater spielen würden. Dës Wierder soutzen, an hunn dem Gesank dee leschte Coup ginn – de Broch war perfekt.
Mä et huet nit laang gedauert, do hunn sech nees e Grapp voll Sänger zesummefond an hunn den 23te Januar 1933 den heitege Gesangveräin gegrönnt. An elo no 75 Joer ass eist Gebuertsdagskand nach ëmmer monter.
Et gouf och heiandsdo schwéier Zäiten. An de Krichsjoren war et nit sou einfach, an trotzdeem ass heemlech geprouft a gesonge ginn.
An de 50er a 60er Joren huet de Veräin sech zu engem staarke Männerchouer entwéckelt.1971 hunn och eis Dammen duerfen an de Veräin kommen, och nit mam Averständnis vu jidderengem. An trotzdeem war et déi richteg Décisioun.
1983 ass de 50ten Anniversaire grouss gefeiert ginn. Et koum dat Joer och zum Wiessel un der Spëtzt vum Veräin. De Jos Goerens gëtt no 26 Joer Aarbecht säin Amt weider un den Jos. Heintz.
Am Joer 1983 ass och een éischte Versuch gemaach ginn e Kannerchouer ze grënnen. Wat och deelweis gelongen ass, an am Laf vun de Joren ënner verschidde Formen, mat mol méi oder manner Succès virugefouert ginn ass.
Haut, ënnert der Direktioun vum Ramona Grosu funktionnéiert ee klenge Chouer vu 7 jonk Sänger.
Am Joer 1988 huet eis de laangjähregen Organist Felix Meisch vill ze fréi verlooss. De Feel huet, während 40 Joer, eis bei all Déngscht an der Kierch op der Uergel begleet an och an de Prouwen konnte mir ëmmer mat senger Präsenz um Piano rechnen. Gott sei Dank hate mir d'Chance

mam Marc Garson e jonke Schierener ze fannen, deen direkt konnt a seng Plaz asprangen a bis haut dem Gesank trei bliwwen ass.
1998, no 14 Joer Presidentschaft huet de Jos Heintz demissionnéiert. De Jos huet an all deene Joren keng Aarbecht gescheit, sech vill Suergen iwwer d'Wuelergoen an de Fortbestand vum Veräin gemaach, war ëmmer fir säi Gesank do!
Am selwechte Joer ass d'Presidentschaft vu mir, Jos. Zeimes, iwwerholl ginn…….
……Et ass mir nit méiglech fir, an e puer Minuten, all Ereegnisser aus deene leschte 25 Joer opzezielen, duefir kuerz hei just e puer Héichpunkten:

- Feier vum 50ten Anniversaire
- Aprouwen vum Programm mat Lëtzebuerger Operetten ënnert dem Fons Thomas
- Participatioun u verschiddenen UGDA-Concoursen
- « Soîrée Française », och rëm ënnert dem Impuls vun eisem laangjährege Chef A. Thomas
- De Concert « Een Owend an der Oper » mat eiser Musik an der Chorale vun Houschtert-Nidderanven ënnert eisem deemolege Chef Henri Bissen
- Concert mam Edith Wolter zu Éiren vum Här Bourkel.
- Concert ënnert dem Titel "Entertainment" mat der Chorale vun Ierpeldeng
- Concert Spirituel wou mir d' »Bläsermesse » vum Brugk zesummen mat engem Bléiserquintett vun eiser Musik virgedroen hunn
- Vun 2003 un, ënnert der Direktioun vum Antonio Grosu, all Joer e grousse Chrëschtconcert, deelweis zesummen mat eise Biisser Kollegen.
- An nit ze vergiessen : Blasiusdag, eis Kleng Kiermes, ass rëm frësch opliewe gelooss ginn.

Merci un all déi, déi an 75 Joer eist Gebuertsdagskand sou gutt begleet hunn, hatt als Frënd betruecht hunn an him ëmmer trei zur Säit stungen. War dat als Sänger, Comitésmember, Dirigent, Organist, Caissier, Sekretär, Vizepresident oder President, si hunn et, all zesummen, fäerdeg bruecht, dass hatt, trotz senge 75 Joer, nach sou fit ass a sech staark genuch fillt, de Wee op den 100ten Anniversaire unzegoen……
……..Hinnen all gëllt eisen déiwe Respekt an eis Unerkennung.
Nit ze vergiessen awer och all déi, déi haut en Owend gären derbei wären, mä wou d'Gesondheet et nit méi zouléisst.
Si all wäerten an deenen nächste Joren e grousst Virbild bleiwen, well si hunn eis virgeleeft, wéi et an engem Gesank soll ausgesinn……..

……Dir Dammen an dir Hären, léif Inviteeën! Mënschen, déi sech der Konscht vum Sangen verschreiwen a sech fir dat Ideal asetzen, leeschten een onverzichtbaren Déngscht am Krees vun hire Matmënschen.

Bei all Lidd ginn d'Grondelementer vu Konsonanz an Accord, vu Rythmus an Harmonie ausgestreet. Mir Sängerinnen a Sänger gleewen drun datt dës Sot opgoe wäerd.
Eng Gesellschaft ouni Gesank a Musik wir haart a kal. Kuerz gesot ee Gesank an eng Musik gehéiren an all Duerf.
Zesumme prouwen, zesumme sangen, zesumme feieren, léisst d'Leit een deen aneren besser kennen.....

D'Virstellen vun der Festbrochure

D'Uschneiden vum Gebuertsdagskuch

D'Eröffnung vun der Fotosaustellung

Musikaleschen Encadrement vun der Akadeemescher Sëtzung:

Kannerchouer

Trio Arundo

Ramona Grosu

Samsdes, den 28te Juni 2008
Concert d'Honneur
ëm 20.00 Auer
offréiert vun der
Union Grand-Duc Adolphe
Concert vun der
Chorale Caecilia
zesumme mat der
Chorale Ste Cécile vu Biissen
an der
«Schirener Musek asbl»
an der Sportshal zu Schieren
Direktioun :
Antonio Grosu a Jean-Marie Thoss


Sonndes, den 29te Juni 2008

Ofschlossmass

ëm 10.30 Auer

gesonge vum

« Petit Ensemble
de Notre-Dame de Luxembourg »

Direktioun: Antonio Grosu
Uergel: Paul Breisch

D'Feierlechkeeten goufen ofgeschloss mat enger feierlecher Mass, gesong vum "Petit Ensemble de Notre-Dame de Luxembourg".



(Fotoen : Carlo Thill)

D'Festbrochure mat engem Réckbléck op d'Veräinsgeschicht, besonnesch iwwert déi lescht 25 Joer, ass bei deene Responsablen vun der Chorale, zum Präis vun 20€, ze kréien.

Melld Iech duerfir w.e.g. beim President Jos. Zeimes, der Sekretärin Josiane Scholer oder dem Caissier Jos. Bormann.

JEUNESSE SCHIEREN

Nuetsrallye 2008

Virun 10 Joer huet de Club des Jeunes Schieren säin éischten Nuetsrallye organiséiert. Zu deem Zäitpunkt konnt nach keen virausgesinn, dat des traditionnel Manifestatioun och nach 10 Joer duerno souvill Succes kéint hun. Aus engem klengen Filmrallye duerch d'Schierener Bëscher huet sech an den vergaangenen Joeren ëmmer méi e groussen Spektakel entwéckelt. Vun Action bis hin zum Thema Horrorfilmer wor alles dobäi. Den Grondprinzip vum Rallye huet sech allerdéngs nëmmen wéineg iwwert d'Joeren hin verännert. Equipen vun 3-5 Leit mussen mat Hëllef vun Weebeschreiwungen, déi un d'Thema vun den Filmer ugepasst sin de richtegen Wee zréck an d' Sportshal fannen. Och di obigatoresch Froen iwwert d'Allgemengwëssen vun den Participanten dierfen net feelen. Och wann dat engt oder anert Joer de Péitrus net sou matgespillt huet an déck Reenwolléken geschéckt huet, konnt dat ower déi trei an haartgesotten Unhänger net schocken, déi sech Joer fir Joer rëm der Erausfuerderung gestallt hun, de Wee duerch Bulli an Dreck duerch den däischteren Bësch ze sichen.



Och di obligatoresch Praisiwwerreechung den Dag nom Nuetsrallye huet sech an den Joeren zu engem festen Deel vum Nuetsrallye entwéckelt. Hei kréien d'Gewënner hir Coupen iwwerreecht an et gin Equipen geéiert wéi zB. déi bescht Schierener Equip, déi bescht Fraenequip an déi gréissten Equip. D'Equipen kréien ower hei och d'Méiglechkeet, hir Punkten vun den eenzelnen Spiller ze vergläichen an d'Äntwerten op d'Froen nozekucken.

Och d'Spiller goufen ëmmer mei spektakulär. Zréckzebehalen as zB den Baséng aus Stréibotten, deen vun den Schierener Pompjeeën gefëllt gouf an wou sech d'Equipen hu missen op engem Seel driwwerhangelen. Sou opwänneg Aktivitéiten wiren kaum méiglech gewiecht ouni d'Hëllef vun villen Fräiwëllegen, déi eis Material gestallt hun wéi zB. Camionetten an Aggregaten vun Schierener a vun auswärtegen Entreprisen. Op deser Plaz soe mer all deene Leit Merci, déi eisen Nuetsrallye schon iwwert Joeren ënnerstëtzen an ouni déi des Manifestatioun guer nit méiglech wir, déi net nëmmen aus Spaass, mee och aus laanger an opwänneger Planung besteet.



Dëst Joer huet sech also alles em den 10. Jubiläum vum Nuetsrallye gedréint. D'Thema wor Horrorfilm a soumat perfekt fir e Rallye duerch den grujelegen Bësch ze maachen. D'Filmer em déi sech dest Joer alles gedreint huet woren Wrong Turn, Scream, Cube, Saw, Blairwitch Project an The Hills have Eyes. Vu que dat et sech jo dest Joer em en Best Of gehandelt huet, hu mer probéiert, fir de Jubiläum déi beschten Spiller a Froen aus den vergaangenen Joeren ze sichen. Den Highlight vun desem Joer wor ganz sëcher dat 4. Spill, wou d'Leit net nëmmen en selwer gedréinten grugelegen Film gewisen kruten, mee och nach hu missen an d'Déiften vun engem Schwäin antauchen, fir déi eng oder aner Saachen wéi Schlësselen an Ziedelen erausze sichen. De Wee wor och en al bekannten. Ënnert anerem gung et vun der Sportshal aus iwwert den Kierfech, de Léihbierg an den Dommewee rop, laanscht Grillplatz „Enner Buchels" an iwwert d'Steeëner Strooss bis rop bei d' Juegdhaus an vun do aus duerch de Besch an den Léibierg rof rem zréck bei d'Hal. De Wee wor dest Joer e bëssen méi kuerz ausgefall, mee wéinst de villen Bierger trotzdem ustrengend an em déi 9 Kilometer laang. Trotz schlechten Wiederaussiichten wor et den ganzen Owend drëchen bliwwen an obwuel d'Umeldung op 3 Stonnen limitéiert wor, dh. vun 20- 23 Auer, hu mer dest Joer missen eng Ausnam maachen, well de Stroum u Leit och um 23 Auer nach net ofgebrach as. Dementspriechend kann een dest Joer rem vun engem groussen Succes schwätzen. Am ganzen hu sech 31 Equipen ugemellt gehat, 10 mei wéi d'läscht Joer. Di läscht Equip as um 5 Auer Samsdes Moies agetrudelt. Mir haten dest Joer ënnert

anerem och dräi Kannerequipen an drei Fraenequipen, déi em d'Zousatzcoupen gekämpft hun an zwar d'Coupe fir di bëscht Kanner an di bescht Fraenequip.

Den 10. Jubiläum vun eisem Nuetsrallye huet bewisen, dat des Manifestatioun sech am Laf vun de Joeren zu engem festen Bestanddeel vun de Schierener Manifestatiounen entwéckelt huet an dat nach emmer eng rieseg Nofro as, déi mer probéieren, och an den kommende Joeren ze befriddegen sou dat mer hoffentlech och nach kënnen den 20. Jubiläum vun deser flotter Aktivitéit feieren.

De Club des Jeunes Schieren seet nach eng Kéier op deser Platz all deene Merci, déi eis iwwert d'Joeren hin sou formidabel ënnerstëtzt hun an natierlech och all de Leit, déi all Joer mat vill Engagement un deser Manifestatioun deelhuelen an ouni déi eise Rallye net méiglech wir.

Generalversammlung 2008

Den 17. Mee hat de Club des Jeunes rem séng Generalversammlung am Sall vun der Huelschéck. Wéi all Joer hun den Här Buergermeeschter Jos Lutgen an den Pletschette Camille als Vertrieder vun der Schierener Gemeng deser Manifestatioun bäigewunnt. Folgend Punkten stungen op der Dagesuerdnung:

- Begréissung duerch de Präsident
- Aktivitéitsbericht
- Keessebericht
- Deels Neiwiel vum Comité
- Frei Aussprooch

No der Begréissung vun den Vertrieder vu Gemeng an Veräiner duerch de Präsident Flies Fabien gung d'Wuert weider un d'Sekretärin Alexandra Everard mam Aktivitéitsbericht.

D'Aktivitéiten hu par rapport zu dem läschte Joer net vill changéiert. Zu den Haaptaktivitéiten hun rem den Nuetsrallye, den Kleesschen, d'Krëschtbeemecher asammlen, d'Ouschtereër fierwen, de Flantessebal an Kolpeng Kleedersammlung gezielt. Dozou koumen natierlech nach intern Aktivitéiten wie zB. Sylvesterfeier an der Jugend souwei Grillowender.

Den Keessebericht as dest Joer iwwerraschend positiv ausgefall sou dat mer en décke Boni fir d' Joer 2008 konnten verzeechnen.

An der Opstellung vum Comite gouf et och dest Joer rem grouss Änderungen. De Weber Yann huet seng Démissioun als Caissier gin an huet sech aus dem Comité zréckgezun. Him seng Platz gouf mam Antrett an den Comite vum Neu Laurent als neie Caissier fir d'Period 2008/ 2009 opgefaang. Den Flies Fabien huet d'Amt vum President un den Miny Ralph ofgin an sech rëm dem Posten vum Sekretär zougewandt. D'Alexandra Everard, den Chris Goerens sou wéi den Simon Sven hun den Posten vum stëllen Member iwwerholl. Den Tavares Ramiro bleiwt Vize-President.

An der fräier Aussprooch luch den Schwéierpunkt haaptsächlech op dem Ofkommen vun der Schierener Gemeng mat der Nordstadjugend ASBL, déi haaptsächlech verantwortlech fir d' Jugendheiser Ettelbréck an Dikrech sin. Dest Ofkommen as och fir de Club des Jeunes interessant. Eng éischt gemeinsam Aktivitéit wor den Pokertournéier un deem och de Club sech bedeelegt huet. Wéider Aktivitéiten si schon a Planung.

No dem offiziellen Deel huet d'Jugend dann nach op deen een oder aneren Patt an den Bësch „Enner Buchels" invitéiert, dee wi scho bal gewinnt vum obligatoreschen lëtzebuerger Reen begleed wor. Trotz dem Wieder gouf rem bis déif an den Moien gefeiert an ënnert anerem goufen och nach 4 nei Memberen an den Veräin opgeholl, déi di traditionnell Entréesprozedur hu missen iwwert sech ergoen loossen.

4. SCHOULJOER

Mir stellen eis vir

Mir sinn d'Kanner déi am 4. Schouljoer bei der Joffer Marie-Paule waren.
Mir hunn eis ëmmer zimlech gutt geschéckt a waren och ganz fläisseg.

Am Juli ware mir op de Stau mam Solarboot fueren.

Kanner déi sëtzen vu lénks no riets:
Foxius Pitti, Wohl Chris, Kugener Lynn, Lock Béatrice, Conte Giovanna, Leuck Mara
Kanner déi stinn:
Weber Eve, Martins Vanessa, Latic Amra, Wirth Henri, Alexandre Patrick, Theis Bryan, Truta Ricardo, Susic Kenan

De Pitti an den Henri ganz konzentréiert!

Och um Wibbel an Dribbel an der Coque hu mir eis gutt amuséiert a mir hate gudden Appetit!

5. SCHOULJOER

Wir sind die 5. Klasse der Primärschule Schieren. Am Anfang des Schuljahres waren wir 17 Schüler/-innen, mittlerweile sind wir 16 Schüler/-innen, weil ein Junge umgezogen ist. Bei uns ist eigentlich immer etwas los, denn neben den Schulfächern wie Deutsch, Französisch, Mathematik u.a. haben wir auch fleißig für unser Theaterstück „D'Karfonkelschlass" geübt. Am 31. Mai und am 1. Juni 2008 spielten wir unter Leitung unseres Lehrers Jos Kempa vor einem begeisterten Publikum. Obwohl einige von uns wirklich Lampenfieber hatten, als wir die Bühne des Festsaals betraten, machte es doch allen Riesenspaß, weil wir sehr viel Applaus für unser theatralisches Talent ernteten. Schade, dass das Theaterwochenende so schnell verflogen war.
Am 14. Juli 2008 unternahmen wir unseren diesjährigen Schulausflug nach Brühl ins „Phantasialand", wo wir uns auf den verschiedenen Achterbahnen, Wildwasserbahnen und anderen Spielen einmalig amüsierten.
Leider gibt es nur einen Ausflug pro Jahr!

Wenn Ihr diese Ausgabe lest, werden wir bereits im 6. Schuljahr sein und uns auf das bevorstehende Schuljahr vorbereiten, denn im kommenden Juli werden auch wir uns von der Primärschule Schieren verabschieden.

Schüler/-innen der 5. Klasse

1. Reihe von links nach rechts:
Alem Imsirovic, Jessica Pereira Rosario, Elisabeth, Figueiras de Sousa Rodrigues, Loris Zanier, Carolina Da Costa Timoteo, Xavier Ahles.

2. Reihe stehend:
Charel Laubach, Rafael Da Silva Abreu, David Oliveira Marinho, Jessica Martins, Jenny Bodson.

3. Reihe stehend:
Jos Kempa, Artur Pinheiro Tavares, Damien Giudice, Moreno Berardi, Adem Bakovic.

Auf dem Bild fehlt Ronny Marbes.

6. SCHOULJOER (A)

oben: Andy Fonck, Sven Marbes, Rafael Costas Freitas, Patrick Soares,
Mitte: Noah Leuck, Jeff Nowotny, Dylan Alves Guerra, Conny Pauwels,
unten: Mehmed Kùc, Vanessa Morbach, Jeanne Dondlinger, Stéphanie Martins Carvalho, Kimberly Doerfel, Jules Foxius.

Ech hunn déi zwee Joer, déi ech hei zu Schieren an der Schoul war, eigentlech ganz ok fonnt. Och d'Aktivitéiten an d'Sortien déi mir mat der Joffer Jeanne gemeet hunn waren zimlech flott an interessant. z.B. Péckvillercher, Kasematten besichen ... , an schlussendlech den Ausflug op Huelmes dëst Joer.

Jules Foxius

Es war eine tolle Zeit in der Primärschule. Ich vermisse sie jetzt schon. Alle Lehrer waren freundlich. Ich hatte nur die besten Lehrer in dieser Zeit. Aber am meisten werde ich meine Freunde vermissen, weil einige in andere Schulen gehen wie ich. Das heißt, ich sehe sie nicht mehr so oft. Ich sage meinen Lehrern danke für alles! Danke!

Conny Pauwels

Ech soen eise Jofferen villmols merci vir déi schéin Zäit. Eis Joffer Jeanny ass mat eis op Auflich gaangen. Dofir soen ech hier villmols merci. Et huet mir ganz gutt hei zu Schieren an der Primärschoul gefall. Ech wärt eis Jofferen vermessen. An ech wärt och meng Kollegen vermessen well vill ginn an eng aner Schoul wéi ech.
Et war eng schéin Zäit mat mengen Kollegen.

Sven Marbes

Hallo - ech sin de Rafael.
Eis Joffer Jeanny ass eng gutt Léierin. Sie mecht schéi Sachen mat eis. Ech hu gutt Kollegen. Et ass schuet, datt d'Schoul bal riwwer ass. Mir gin ach nach an d'Phantasialand wou mir Spaass hunn an eng schéin Erënnerung un d'Kollegen. Ech denken awer och nach an Zukunft ëmmer un eis cool Schoul zu Schieren.

Rafael Costas Freitas

Hallo! Ich war 2 Jahre im 6° Schuljahr. Das erste Jahr war ich bei Jos Kempa in der Klasse. Jetzt war ich bei der Lehrerin Dondlinger Jeanne in der Klasse. Dieses Schuljahr habe ich ein paar Kinder kennen gelernt, die ich sonst nicht so gut kannte.
Im letzten Schuljahr habe ich oft in der Schule gefehlt wegen meines Unfalls. Egal, das ist jetzt vergessen.
Dieses Schuljahr habe ich aber viele schöne Tage erlebt. Z.b. die drei Trage in «Hollenfels» oder der ganze Tag in der Stadt, wo wir im Naturmusée waren. Ja, es war sehr schön in der Primärschule. Ich bedanke mich beim Lehrpersonal und vermisse jetzt schon meine Kollegen.
Nächstes Schuljahr wird sich alles verändern. Ich gehe in den LT´ETT.
Auf wiedersehn Primärschule Schieren

Jeff Nowotny

Ech soe merci fir déi zwee wonerschéin Joer an der Primärschoul Schieren, a soe merci, dass mir sou ënnerstëtzt gi sin vun eiser Joffer Jeanny Dondlinger. An deem Joer waren mir och ob schéin Ausflich gaang, zum Beispiel: Nouspelt ,wou mir mam Usch ee Péckvillchen aus Lehm gemach hun. Et waren déi schéinste Joeren zu Schieren ann ech freeë mëch schons op den Lycée.

Andy Fonck

Ich bedanke mich bei dem ganzen Lehrpersonal, das sich immer für uns eingesetzt hat. Dieses Jahr gehe ich nach Mersch und ich glaube, dass nun viele Freundschaften zu Ende sind. Doch ich gebe mein Bestes um diese Verbindung zu pflegen. Ich werde sie alle vermissen sogar die Lehrer. Mit unserer Lehrerin, Mme. Dondlinger haben wir sehr viel erlebt. Danke für diese schönen Jahre in der Primärschule Schieren.

Mehmed KUC

Ufangs wou ech bei d´Joffer Jeanne koum, war ech e bessen traureg, well ech gouf vu puer Kollegen getrennt awer am fenneften an am sechsten war et och schéin, mat anere Kollegen. Mir haten schlecht a gutt Zäiten mee d'Schouljoer zu Schieren war schéin, an et ass lo Zäit fir äddi ze soen. Mir ginn an de Lycée. Ech wollt der Joffer Jeanne Dondlinger, der Joffer Polfer, an der Joffer Els merci soen, dass si mech ëmmer ënerstëtzt hunn.

Stephanie Carvalho

Ech soen merci fir déi zwee schéin Joer hei zu Schieren. Ech soen eiser Joffer Jeanny Dondlinger villmols merci. An deenen zwee Joer hu mir deck fill Ausflich gemacht. D'lescht Joer ware mir zu Nospelt an hunn mat dem Usch e Peckvilchen gemach a mir waren an den Naturmusee, Kasematen, Geschichtsmusee. COOL!

Patrick Soares

Hallo ich bin seit zwei Jahren in der Klasse von Jeanne Dondlinger, und ich möchte mich herzlich bedanken. Ich habe viele neue Freunde kennen gelernt, am Anfang war das ja nicht so einfach weil die Klassen neu gemischt wurden. Wir hatten auch viele schöne Ausflüge und ich danke der Gemeinde. Danke!!!

Noah Leuck

Ech soen Merci fir dei schein acht Joer zu Schiren an der Primairschoul. Merci der Gemeng, datt si eis sou vill Ausflig bezuelt huet. An ech vermëssen lo schons all meng Kollegen, awer hoffen datt mir nach ëmmer a Kontakt bleiwe kënnen.

Kimberly Doerfel

Hallo, ich bin zweimal ins 5° Schuljahr gegangen und dann habe ich viele Freunde bekommen. Dieses Schuljahr war ich froh, um meinen alten Freund Jeff zu sehen. Mit ihm macht es sehr viel Spaß. Dieses Jahr waren wir in einer Jugendherberg. Da war es toll. Ich sage der Gemeinde danke dass sie unsere Ausflüge bezahlt hat. Diese 9 Jahre waren sehr schön. Es war schön bei den Lehrern, wo ich war.

Dylan Guerra Alves



Aus technesche Grënn gëtt d'Klass 6B an der nächster Ausgab publizéiert!

AUSFLUG AN D'VOELKLINGERHÜTTE

D'Kultur- a Sportkommissioun vu Schieren hat d'Awunner aus dem Duerf op eng Visite vum **WELTKULTURERBE VOELKINGERHUETTE** invitéiert.

Leider war den Intressi nit ganz grouss a sou si mir mat engem klenge Bus moies um 9.00 Auer bei der Kierch fortgefuer op Völklingen, wou schon ee Guide op eis gewaart huet. Mir mussen éierlech soen, fir déi déi matwaren, huet et sech gelount.

Mir haten d'Chance datt eise Guide bis zu senger Pensioun an der Hütt geschafft huet. Op eng interessant Aart a Weis huet hien eis d'Aarbecht an d'Liewen an der Hütt méi no bruecht. Mir sinn op de Spuren vun der Vergaangenheet duerch déi sanéiert Erzhalen bis erop bei d'Killtierem geklomm. Et huet een héieren ewéi an der Gebléishal d'Maschinnen an der Zäit gedrummt hunn an et konnt e sech bildlech virstellen wéi schwéier d'Aarbechter et haten, an der Hëtzt vum Feier bei den Héichiewen an dem gliddeche Stol, fir hir Suen zeverdéngen.

De Moment vun eisem Besuch war och eng formidabel Ausstellung an der «Möllerhalle» ze gesinn vun 72 präisgekréinte Fotoen a Groussformat. Dës Fotoe si Meeschterwierker vun de beschte Fotografen a «Pulitzer Präisdréier» aus de leschten 50 Joer.

Am SCIENCE CENTER FERRODROM goufen d'Urelementer Feier, Waasser, Aerd a Loft op méi wéi 100 Matmaachstatiounen op eng lieweg an intressant Manéier duergestallt, verbonne mat der Geschicht ronderëm d'Eisen an de Stol.

Vill ze schnell ass d'Zäit riwwer gaang a mir sinn iwwer Saarburg, wou mer nach eng kleng Paus gemaa ch hunn, rëm zréck op Schieren gefuer.

D'Sport- a Kulturkommissioun Schieren

SCHULFEST 2008

Am Freitag, dem 11. Juli 2008 fand unser diesjähriges Schulfest in Schieren statt. Zum zweiten Mal ist es gelungen, alle Kinder der Schierener Schule, vom „Précoce“, „Préscolaire“ und „Primaire“ zu einem gemeinsamen Schulfest einzuladen, welches unter dem Motto „Recycling“ lief.

Kurz nach 8.00 Uhr fand eine besinnliche Einstimmung mit mehreren Liedern in luxemburgischer, deutscher und französischer Sprache statt. Die Schüler/-innen der 6. Klasse standen auf der Bühne, um somit ihren feierlichen Abschied von der Primärschule mit allen Kindern, ihrem Lehrpersonal und ihren Angehörigen zu feiern. Für die musikalische Unterstützung sorgte die Lehrerin Frau Steffen-Dondlinger.

Nach der freudigen Einstimmung wurden die Kinder in 11 verschiedene Ateliers verteilt. Jeder durfte sich an 3 verschiedenen Ateliers aktiv beteiligen, was natürlich riesigen Spaß bereitete.

Im Kochatelier 1 wurde das Mittagessen von den Kindern und einigen hilfsbereiten Erwachsenen zubereitet. Neben Nudel- und Möhrensalat, wurden auch leckere Spieße mit Tomaten und Mozzarella hergestellt. Im 2. Atelier wurde mit frischen Früchten hantiert, um appetitanregende Obstspieße zum Nachtisch anzufertigen. Sehr viel Begeisterung erlebte man im 3. Atelier, denn dort war Freude an Sport, Spaß und Action angesagt. Neben Rodeoreiten und Gocarfahren, konnten die Schüler sich spielerisch auf dem Sportfeld austoben, soweit es das Wetter erlaubte.. Für viel Bewegung, Tanzen und Springen sorgte das Atelier 4, denn hier konnten verschiedene Tanzschritte zu Musiktiteln wie „Mambo Nr 5“, “Macarena“ und „Mir kommen aus dem Schlumpfenland“ eingeübt werden. Diese Tänze wurden am späteren Nachmittag dem Publikum vorgeführt. Fleißig basteln dufte man im Atelier 5, wo die Kinder eigene Ketten und Schmuckstücke aus Nudeln herstellten. Im nächsten Atelier 6 wurden gleich 2 verschiedne Bastelaktivitäten angeboten. Aus leeren Getränkeblechdosen wurden originelle Teelichter gebastelt und leere Papprollen entfalteten sich mit viel Geschick zu fantastischen Kaleidoskopen. In Nr. 7 ging es musikalisch und gesanglich zu. Unter der Leitung der bekannten Sängerin Ramona wurden flotte

Lieder eingeübt, welche am Nachmittag dem großen Publikum dargeboten wurden.

Um Mode ging es im Atelier 8, denn hier wurden die verrücktesten Kostüme und Hüte aus einfachem Wegwerfmaterial angefertigt, um den Zuschauern am Nachmittag in einer witzigen Modeschau vorzuführen. Das Thema „Natur“ wurde im Atelier 9 behandelt, denn hier konnten bastelfreudige Kinder ihrer Fantasie freien Lauf lassen, indem sie aus verschiedenen Naturmaterialien kunstvolle Erinnerungsstücke herstellten. In den Ateliers 10 und 11 wurden unter Mithilfe der „Superdreckskëscht“ aus Recycling-Material Mobiles oder lustige Flaschenmännchen hergestellt.

Gegen 12.00 Uhr waren alle Kinder und Erwachsenen hungrig, ließen sich Gegrilltes sowie selbst hergestellten Gemüse- und Obstsalat gut schmecken.

Nach dem Mittagessen wurden verschiedene Darbietungen präsentiert. Das einstudierte Konzert mit Ramona fand vor allem bei Gesangsliebhabern sehr viel Begeisterung. Mit viel Applaus wurden die Models der Modeschau begrüßt. Unter stürmischem Beifall wurden 3 verschiedene Tänze von den jungen Künstlern/-innen gekonnt vorgeführt. Den krönenden Abschluss lieferte uns die traditionelle „Mini-Playback-Show“, welche von den Schülern/-innen in ihrer Freizeit eingeübt worden war.

Den 3. Platz belegten die Schülerinnen der 3. und 4. Klasse. Zum Titel „I’m loving“ von Jimmy Blue tanzten Aida, Amra, Lynn, Béatrice und Vanessa . Der 2. Platz wurde sogar zweimal vergeben, weil beide Darbietungen die gleiche Punktzahl von der Jury erhielten: Chrissy und die Kinder der Vorschule mit dem Titel „Cowboy & Indianer“ von Olaf Henning sowie Loris aus der 5. Klasse mit dem Titel „Pinocchio“ von Klick-Klack. Absoluter Favorit und Spitzenreiter dieser Tanz-Show waren die Schülerinnen der 2. Klasse Nathalie, Ayat und Renée, die mit dem Titel „Irgendwie, irgendwo, irgendwann“ von Nena den wohlverdienten 1. Platz belegten. Alle Zuschauer/-innen waren fasziniert von der musikalischen Live-Darbietung der Schülerin Nathalie, die alle mit ihrer einmalig atemberaubenden Stimme in ihren Bann zog.

Obwohl das Wetter sich zeitweise von der regnerischen Seite gezeigt hatte, war das Schulfest 2008 für alle ein sonniges Erlebnis, denn Spannung, Spaß und Freude sorgten für gute Laune bei Groß und Klein.

Im Namen aller Schüler/-innen bedanken wir uns bei der Gemeinde, bei unserem Lehrpersonal, bei unseren Eltern und allen Helfern, die zum Gelingen dieses Schulfestes unter dem Motto„Recycling“ beigetragen haben und wünschen allen Schülern/innen erholsame Ferien sowie einen guten Start in ein erfolgreiches neues Schuljahr 2008/2009.

Schüler/-innen der 5. Klasse



SCHIEREN – KONVENIAT DER JAHRGÄNGE 1919 - 1927

Sie sind nicht mehr in voller Blüte, denn die Jugendjahre sind längst dahin. Den schwachen Beinen wird mit einem Stock nachgeholfen, die grauen Haare der Damen werden auch schon mal mahagoni oder silbern getönt, doch alle zeigen zufriedene, fast faltenlose Gesichter beim traditionellen Jahrestreffen der Schierener Kameradinnen und Kameraden, Jahrgang 1919 – 1927. Treffpunkt ist immer der Platz vor der Kirche, wo beim Monument aux Morts Blumen niedergelegt wurden. Den schon Vorausgegangenen wurde schweigend gedacht. Dieses Jahr haben sich Léonie Kirsch-Jacoby (Jacoby's Lon) und Jean Bley (Haris Jäng) leise auf die lange Reise begeben. Auf der Kirchtreppe wurde dann das Erinnerungsfoto geschossen.

Die düsteren Gedanken wurden abgestreift, und die Gruppe begab sich nach Diekirch, wo im behindertengerechten Restaurant Infalt der Mittagstisch gedeckt war. Beim Dessert genossen die alten Schierener gesangliche Einlagen, nämlich „auf der Heide blüh'n die letzten Rosen" und „den Hexemeeschter", die von Goerens Gust bezw. Thill's Jang mit einer noch erstaunlich klangvollen Stimme vorgetragen wurden. Auch die Auffrischung der Spässe und Streiche aus der Schulzeit der honorigen 80-jährigen blieb nicht aus.

Vic Fischbach

REGIONAL A LOKAL AKTIVITÉITEN AN DER MOBILITÉITSWOCH

Regional:

Öekofoire vum 12. bis de 14. September

Op Ureegung vun de Nordstad Emweltkommissioune haten di 6 Gemengen de finanziellen Accord gi fir samschdes den 13. September zwee Bussen mat 70 Plazen anzesetzen fir sou d'Awunner aus der Nordstad gratis op d'Ökofoire ze féieren. Opschon d'Benotzung hei zu Schieren geréng war, waren di zwee Bussen dach gutt besat.

Lokal:

Haten d'Verkéiers- an d'Emweltkomissioun an Zesummenaarbecht mat der Gemengeverwaltung folgend Aktivitéiten organiséiert:

Zum Schoulufank, méindes de 15. September, krut all Kand eng Kap mat der Opschrëft „Schieren, Ouni Auto an d'Schoul". Et soll dëst eng Ureegung un d'Schoulkanner mee och un d'Eltere sinn der Méiglechkeet no d'Kanner zu Fouss an d'Schoul ze schécken oder ze begleeden. De bescheidene Wonsch war et dëst wéinigstens di éischt Schoulwoch duerchzezéien fir dobäi hir Kanner op d'Geforepunkten um Schoulwee opmierksam ze maachen. Domadder soll de Verkéierschaos an der Gewan , der rue Peusch an am Neie Wee reduzéiert ginn, de Wee laanscht Kierch an d'Schoul kéint och zur Léisung vun dësem Problem déngen.

Dënschdes de 16. September war mat der zousätzlecher Ënnerstëtzung vun der Nordic-Walking Sektioun vum Turnveräin zu

engem Fouss- respektiv Velotour opgeruff ginn. Trëffpunkt war um 18 Auer 30 op der Schierener Gare.

D'Foussgänger hunn den Zuch vun 18 Auer 38 bis op Cruchten geholl a si vun do iwwer de Veloswee nees zréck op Schieren marschéiert.

D'Cyclisten sinn diselwecht Stréck hin an zréckgefuer.

Zum Ofschloss waren all Bedeelegt an de neie Sall op ee Patt invitéiert den d'Gemeng offréiert huet. Ausserdeem hat d'Gemeng och den Zuchbilljee gestallt.

CP

RUE DU
MOULIN
TELEPHONE
RUE DU MOULIN

MANIFESTATIOUNSKALENNER 2008
OKTOBER BIS DEZEMBER

DATE		GENRE	SOCIETE
Oktober			
Mëttwoch	08.10.08	Generalversammlung	Theaterfrënn
Sonndes	12.10.08	Floumaart mat Kaffisstuff	Porequipe
Sonndes	12.10.08	Kommemoratiounsdag	Zwangsrekrutéiert
Freides	17.10.08	Mullenowend	Basket
Sonndes	19.10.08	Dag vum 3.Alter	Frënn vum 3.Alter
Samsdes	25.10.08	Cabaretsowend	Musek
November			
Freides	21.11.08	Generalversammlung	Tennis
Samsdes	22.11.08	Generalversammlung	Musek
Samsdes	29.11.08	Niklosfeier	Gemeng mat der Musek
Samsdes	29.11.08	Adventsfeier	Fraen an Mammen
Dezember			
Freides	05.12.08	Kleeschen	Jugend
Sonndes	07.12.08	Bärbelefeier	Pompjeeën
Mëttwoch	10.12.08	Chrëschtfeier	Frënn vum 3.Alter
Freides	12.12.08	Christmasparty	Basketspiller
Samsdes	13.12.08	Generalversammlung	Gaart an Heem
Sonndes	14.12.08	Chrëschtfeier	Pompjeeën
Mëttwoch	24.12.08	Gléiwain	Fraen an Mammen
Mëttwoch	31.12.08	Silvesterbal	Basketspiller

Kultur a Festkommissiounskalenner